



DÄDER JONGEN

Erst Erzählung
aus dem schrecklichsten
von alle Kriecher

von

LUCIEN MEDERNACH

LUCIEN MEDERNACH

Dâper Jongen

Eng Erzielong

aus dem schrecklechsten
vun alle Kricher

1945

St. Paulus-Drëckerei, Letzeburg

All Rechte vorbehalten

Des Erzielong soll all Greiel, all Me' a Geför opdecken, we'
d'Jongen s'am allgemengen a Russland z'erdroen hätten.
Sie soll en hommage sin fir all de' Jongen, de' gewisen hun,
we' et och önnere schwe'ersten Ömstänn me'glech ass, dâper
fir d'Hémecht ze liewen oder iewer, we' den Norb aus
menger Erzielong, als Held, fir se ze stierwen.

I

Am Quarte'er

Ve'er Letzeburger

An engem klengen, hallef zerschossenen Duerf bei Witebsk, leit eng Kompanie vun engem preiseschen Infanterieregiment a Quarte'er. An dénen zerschossene Gebeier zidderen d'Zaldôten vu Kélt.

Dém gött opgehollef.

Gro'B Feieren ginn einfach an der Mött vun de Fo'Bbiedem ugefäng. Still, Döscher, Schief an âner Miwelen liweren Brennholz genuch. Den Damp fündt jo och völleg Wach.

Wât nômmen un leßbarem fondt gött, ass huerteg an dénen auserhengerte Mé verschwonnen.

En ârmse'legt Bild mecht dât Dierfchen matt sengen ausgebrannten Heiser, senge kapotte Strößen. Me' we' mâniahe'ch Triechteren sin matt dem Schrott vun zerfallenen Gebeier gestoppt. Iwerall leien nach Pärdskadâveren an d'Iwerräschter vun ânerem agângenem Ve'. Wien gené wöllt kucken, fündt och hei an do e Glidd, wât kengem De'er seint wor.

D'Loft ass verpäscht matt Brandgeroch, Polverdamp an den Ausdönstongen vun den Kadâvren.

Nômmen eng eiseg Temperatur erme'glecht e Bleiwen an desem Duerf, iwert dât fir e puer Stonnen de Krich ewech gejôt.

* * *

Em e Feierchen am Eck vun enger klenger Russestuff sötzen ve'er letzeburger Jongen an dér obgezwongener präisescher Uniform.

De René, den Norbert, de Jäng, drei Infanteristen aus desem Regiment. Bei hinnen sötzt den Timm, dén als Chauffeur op engem „LKW“ fiert. Den Zo'fall huet hien haut heihinner verschlôn a lôßt en drei Kamerôde fannen.

T'ass muerges élef Auer. Drei lôßen sech et gudd schmâchen. Sie hu lång Honger gelidden a si fro', sech nés eng Ke'er können de Mo vollzeschlôn.

Mé de Jäng „matt sengem e'weg onduerchsichtige Gesiecht“ sôtzt steif a ro'eg, „we' irgend en onréellt Wiesen, dât weit iwert der Erbärmlechkét vun deser Welt stét“.

Dé Sâtz huet de René erfondt, de Jäng schon dax dermatt geützt. Sie lâchen dann allen drei doriwer a ké wéß besser we' de Jäng. daß en nômmen zur Halschecht stömmt. An dât nach nôt lång. We' sollen de' âner och wôssen, daß de Jäng och émol gâr gelâcht huet. We' sollen se wôssen, daß nach sôlen e Mönsh eso' de'f an der Erbärmlechkét verstrekt war we' hien . . . An et nach ass. Fir hien ass de' Situatio'n hei kammo'd. Elo kann en endlech aussprieche wât en denkt, ka senge Launen, sengem Skeptismus, senger beißender Ironie freie Lâf lôßen, brauch sech nôt ze verstellen a matt Leit ze lâchen, de' hien me' nach veruecht we' sie hien. Jo, hie veruecht sie, eng gewôsse Kast vu klenggéschtege Gehierer. De' iwerhiefflech Typen matt hiren ârme Géschter, ârmen Härzer, an ass et nôt fir ze lâchen, zum daxten mat ârmen Portefeullen. Op wât billen se sech égentlech eppes an?

Eso' frét de Jäng sech; hien ass scho lång färdeg matt ießen. „Ech hât scho kén Appetitt we' ech heihinner komn sin,“ sét en. „A wât ech bis elo hei erlieft hunn, war nôt eso', datt ech es me' konnt kre'en.“

De' âner empfangen eng gelungen Schei virunn himm. Sie können nôt verstôn, we' eso' e jonge Kârel kann dérmôßen résigne'ert sinn. An de Jäng kann de Mond hâlen, behält sei Gehémnes fir sech. De René hält och op matt maufelen. Hie sôtzt do, d'Stier an de'wem Nodenken gefo't. Hie plangt un eppes, dât geseit én, mé nach sét en nôt, wât hien dreckt.

Den Timm ass löschteg. Hie frét sech, daß en e puer Letzebuerger fondt huet, zielt an te'nt matt fro'em, affene Gesiecht. Mé blo's de Norbert äntwert himm. An dén ass och voller Nervosite't. Jo, si hunn op villes verzichte gele'ert, d'ârem Jungen. De' einfachst Sâchen, de' dohém och all Héschemann huet, entbieren se dax. Mé virun allem hun se hier önnerlech Ro' verluer. Vill me' we' d'Preisen. Well de' si voll Glâf, un hier Krâft, fillen sech a Feindesland a behuelen sech démno. Mé d'Letzebuerger hunn außer onendlechen Enthierongen, önner Honger

a Kélt och önnér hirem mölle Gewössen ze leiden. Sie wöllen nött ge'nt de Russ krichen, dén se als hire Frönd ugesin. Mé de preiseschen Zwank ass nach me' hârt we' sie.

Bis elo nach.

We' dax hunn hei a Rußland guddmiddeg Leit hinne gehollef hiren Honger stöllen. A sie höllefen denen hir Heiser zerste'eren.

Duefir ass den Norbert nervös, duefir de René eso nodenklech, daß den Timm se trotz allem gudde Wöll nött ka fro' kre'en. A seng Löschtekgét ass och iwerdriwen, fillt hien dach ewe' sie.

DAPER JONGEN

Sie sötzen an totzen vun desém an dém, kommen schleßlech op d'Thema, dát en all uewe leit.

De René gött d'Stechwuert, we' en dohinner werft: „Mir hätten ons iwerhâpt nött solle verschléfe lössen, hätten schon alleguer dohém sollen déserte'eren.“

De Norb wenkt jo!

De' âner zwe'n röselen de Kapp, den Timm lues an nodenklech, de Jäng fest a verbössen.

Nén! jeitzt hien, „ech huelen nött un, datt en énzelve Mönsch d'Recht huet, e puer ânerer onglecklech ze mân, fir seng égen Haut ze retten. Well, wa mir och hätte können verschwannen, wât hätten se matt onsen Elteren a Geschwöster gemât?“

„Du schwätz vun ‚Haut ze retten‘, Jäng! Doröms handelt et sech jo guer nött. Villme' öm d'Eer vum Land. De' Jongen de' fortläfen, mân dát nött, fir sech enger Gefôr z'entze'en. Nén, si begin sech an ânerer a nach me' schwe'erer. Sie mân dát, well sie önnér kengen Oemstänn dem Preiß senger Säch wöllen dengen. Sie mân et aus Le'ft an Trei zo' der Hémecht.“

„Da sin se falsch bericht, Timm! we' dengen se der Hémecht, wann se de Preisen duerch hirt Déserte'eren de' lãnggesichten Ursäch gin, d'Leit all ze déporte'eren? Ass, et nött besser zum Schein nogin, fir em hei a sengen égene Reien ze schueden?“

„Nén!“, bröllt de Norb eraus. „Nén, mir hätten nött sollen nogin! Egal, dann hätten se Letzeburg dem Buedem gleich könne mân, da wier et a Gre'ßt gestuerwen! Sie hätten ons kön-

nen all erschloen, an de Num Letzeburger wär an d'Geschicht agängen als e Begröff, dén dât Hechst an dât Edelst duerstellt, wât geduecht ka gin.“

„Wo'vun Letzeburg neischt gehât hätt, wann et nött me' bestân hätt! Nén! Letzeburg dierf nött önnergôn. Besser ass et, mir gin zo'grond!“

„Vergieß nött, Jäng,“ sét du de René, „daß, wa Letzebuerg neischt dervun huet a Gre'ßt ze stierwen, et iewer och nött sche'n ass, an der Schân ze liëwen!“

„Wo' ass do d'Schân? Ech gesi keng! Vleicht de' daß mir force'ert gi sin, dât Gromperekieverlecksfudder hei unzedinn?“

„Nu ja, wann et keng Schân ass, eng E'er ass et och nött, Jäng.“

„Bedenk was de sêss,“ jeitzt dén; „wölls du dech selwer erniddregen, dech elwer als Verre'der duerstellen, Timm?“

„Nén, ech mech nött selwer, mé wann d'Letzeburger et all gemâch hätten we' mir, wâre mir herno vun der ganzer Welt derfir gehâle ginn. We' ge'f onst Vollek spe'der dostôn, wa keng Resistenz dowir? Wa grâd sei Jonktem ge'f nogin, ömmer an ömmer, nômmen fir d'Liewen ze behâlen?“

„Dovun gét keng Ried. Onst Liewen sâzen mir och hei an d'Spill. Mé menger Mamm wöll ech et nött fir der Zeit huelen.“

Den Norb mengt elo traurech: „De Jäng huet Recht.“

De René sét neischt me'.

Den Timm: „Et musse Jonge gin, de' nött dono kucken. Kuck, verste' dach, Jäng. We' ass hir Handlongsweis onser eso' no! We' dengen mir Letzeburg, we' sie?“

„Wanns de mer dât wölls explize'eren.“

„Gär. Sie deserte'eren. Hir Leit gesin vleicht d'Hémecht nie me' erem. Mé sie affere gär hirt Liewen fir d'E'er vu Letzeburg.“

De Jäng nodenklech: „Wann én et eso' ukuckt.“

„En âneren point de vue gött et nött. Verste' dach! Hir Resistenz brengt Letzeburg E'er an, soss könnt et herno nött bestôn; a well mir hei vleicht verbludden, bleiwen iewer nach e puer Leit dohém. Soss könnt Letzeburg och nött bestôn.“

„Ech gi mech geschloen, Timm. Ech hât dât nach nie eso' richtig iwerluecht.“

De René: „T'ass woer. Hirt Ziel we' onst ass dâtselwecht: E freit Letzeburg!“

Den Norb: „An d'Iddi, de' hir Dôten bestömmt, ass de' selwecht we' ons : D'Le'ft zum sche'ne Letzeburg an onser he'ger Mamm, der Grande-Duchesse CHARLOTTE vu Letzeburg.“

De Jäng äntwert neischt me'. D'Gespre'ch verstommt en Ableck. Verdrémt sötzen de' ve'er beim Feier, hir Gedanken si bei hire Kamerôden dohém, matt dénen e gro'ßt B a n d se emschlengt : Dât Band héscht : Ro't, weiß, blô!

No enger Weil nés de Jäng: „We' 'hues de Recht, Timm!“

Kuck, wât müssen de' ârme Jongen mattmân! Oemmer um guet, verfollegt we' e Steck Wôld, ômmer an der Gefôr ent-deckt ze gin. Duerzo' könnt d'Trauer ôm hir Leit, de' verschléft gin. Honger an Dûscht. Kélt a Middegkét. Mé si hâlen aus, well de Preiß, dén ons ge'nt all Gesetz iwerfall huet, muß geschloe gin. An hier Affer beweisen den Allie'erten, we' de Stackletzeburger gesônnt ass, influence'ert stârk hirt Verhâlen ons vis-a-vis.

A mir : Oemmer dât éklegt Gevill, just bei dénen ze sin, de' ons eso' brutal iwerfall. Mir si veruecht vun der Welt, veruecht a gedémiddegt eso' guer vun de Preisen. Schrecklech Strabatzen, gro'ß Gefôren, Honger, Dûscht a Kélt, we' ons Kamerôden dohém. Mé mir hâlen aus a verhônneren, datt de Preiß d'gantz Land onglecklech mecht.“

„Eso' ass et, Jäng. Lôße mer ômmer u Le'ft un onse Kamerôden denken, de' eso' vill fir Letzeburg gemât. Si sin Helden.“

Den Norb : „Et sin dâper Jongen.“

ENG GESCHICHT VUN DER KRIM

Duerno ass et nés en Ament ro'eg.

De' ve'er iwerdenken hiert vun de Preisen verfuschtent Liewen.

Du könnt d'Verlângerén.

Den Timm sét se'er: „Ziel én eppes. T'ass nött gudd, wa mer eso' vill nodenken. Wât komme muß, könnt och eso'.“

„Jo“, ännfert den Norb, „ech wöll Iech eng erzielen. Mé nômmen à condition, datt jidderén eng zum Bäschte gött.

Sie wenken all jo.

Den Norb ass zefridden, erzielt :

„E'er ech bei des Kompanie ko'm an Iech kenne gele'ert hun, lo'g ech op der Krim, wo' mer ausgebildt si gin.

Dât Nascht, an dém mer am Quarte'er lo'gen, war guer nött eso' iwel, wann d'Partisanegeför nött gewiescht wär. Ech kann Iech versecheren, mir huet nie vill drugeléen, fir nuets doruechter Wuecht ze stoen. Nött well ech égentlech ferterech sin. Mé hei hätt ech et scho bâl könne le'eren.

Mir go'fen eng Ke'er nuets just iwert dem Kapp d'Telefonsdre't durchschnidden, an ech wâr bâl a sche'n Ongeléeenhéte komm, well d'Preise geduecht hâten, ech hätt geschlôf.

Mé dofir wor et démols vill ze kâl. Ech ka mech drun erönnere, we' wann et haut wir.

Ech stong beim Haus, wo' de Proviant önnnerbruecht war, Posten. Bei dém war e Mast, dén nach ere'scht kuerz opgericht gi war, we' se des Lédong nei gebaut hunn.

Ech stin do an der Nuecht, spötzen d'O'eren ewe' en Hues, tröppelen e puer Schrött op an of, bleiwe stoen, kucken, lauscheren. Mé ech gesinn an he'eren neischt. Iewer och nött én To'n.

Op émol gin ech vun enger Streif ugeruff, op ech ne'erens eppes Súspektes gesinn oder gehe'ert häft.

D'Lédong mißt e'erenswo' duerchgeschnidde si gin.

De Battaillo'nskommandeur wir am gâng gewiescht matt engem äneren Offize'er ze telefone'eren, we' d'Communicatio'n brüsk önnnerbrach gi wär. Bïs elo hätt se nach nött können hirstallt gin.

Ech soen, ech hätt neischt an uecht geholl. Jiddefalls, hei an engem kurzen Oemkrés könnt dât nött geschidd sin, well ech et jo soss hätt misse bemierken.

D'Streif zidd weider. Ech gin ofgele'st.

Muerges gött festgestallt, datt d'Dre't just widder dém Mast duerchgeschnidde gi woren, wo ech stong. A we' et schengt, hâten d'Männercher, de' dât gemât hâten, sech nawell Zeit gelôß.

Sie hâten d'Dre't matt enger Ficelle embonnen, an de' uewen öm de Poto gestréckt.

Nodém de' Plätz geflekt war, konnten d'Communicatio'nen nés opgeholl gin.

Ech hun en dommt Gesicht gemât, könnt der wuel denken, well ech hätt eso' eppes nött fir me'glech gehâlen. A gleichzeitg ass et mer angscht gin. We' liecht hätt dât können ânescht aus-

goen. Wann ech scho ké gesin a kén he'eren hát, we' liecht wär et dann fir dé kengen Akrobat gewiescht, mech och un de Poto ze henken. 'T go'f mir nött eleng ongemellech!

Onsen Oenneroffize'er sôt, an en hát guer ké kriegerechen Ausdrock an den Aen: „Sowas kann nur in Rußland passieren.“

Mé de Feldwebel, dén âle Grandkapp an opgeblösenen Held, mengt verächtlech: „Ja, wenn ein Luxemburger Posten steht!“

Ech duecht, wann der eso' hell sidd, dann hätten der ons jo können dohém lösen.

Zwé Dég me' spe't hunn se muerges op déer selwechter Plätz, wo' ech démols stong, de läschte Posten, e Preið, do't fondt. Hie stong do, widder de Poto gebonnen.

Sei Kapp lo'g fir bei senge Fe'ß.

An d'Partisanen hätten sech nôt emol d'Me' geholl, fir irgends eppes un der Lédong ze mân.

Sie wollten de Preisen nōmmen eng Le'er gin, datt et besser wär fir sie, hém ze goen.

Mé dāt wollten de' jo nach ömmer nött verstoen.“

DE JÄNG ERZIELT

Nodem se sech vum Norbert senger Geschicht e we'neg erholl hätten, fängt de Jäng un. An hie gött sech Me', fir nött ömmer traurech ze erzielen.

„D'konnt é nach séle gesinn, dass e Letzeburger gudd ugesi war bei de Preisen. Dir könnt Iech denken, daß et mir nött ânescht gong. Onsen Offize'er, dé mer an der Kasär am Preiseschen hätten, huet scho matt den Aen geflackert, wann e mech nōmme gesinn huet. Ste'ts a stännech huet en op eng Geléenhét gelauert, fir mech ze schikane'eren. En huet sei bäscht gemäch, fir mier d'Liewen zur Häll ze mân. Dāt ass em awer duefir schlecht réusse'ert, well hie mir ében me' égal war ewe' jidwer âneren; an e Mönsch, dén ech veruechten, mir nött gudd we' doe kann.

Eng Ke'er owes, mir sôtzen grâd do onse Rëndelchen Zociss an onsen Fläppchen Kunsthonig matt engem Steck Zillebro't ofzewiergen, an dāt Ganzt matt dém schänterlechtesten Schlütgen, dén ech je gedronk hát, ofzespullen, du ko'm en erageschärt. Irgendén rífft „Achtung!“. Mir sprangen op. Dāt héscht

de' âner. Ech wollt et och. Mé meng Kne'en waren ze lāng. Den Dösch jauwt matt an d'Lūcht, kippt op de' âner Seit, schle't öm, a begriewt Geschier an d'Räschter vun der Festmölzecht önnert sech. Ech gin vum Contercoup an d'Kne'en, fālen op de Reck töschend zwé Better. Fir mech opzehiewen, pāken ech mech un dém enge Bett un, ze'en émol fest. D'Bett schengt verhext. D'Brieder fālen eraus, de Stre'sāk mir op de Kapp, an ech strecken mech nés op de Reck.

We' ech mech endlech opgekrabbelt hun, stinn de' âner do ze lāchen, daß d'Tre'nen hinnen d'Bācken eroflāfen.

Den Oenneroffize'er mecht e rōsent Gesiecht, we' wann hien, an net ech, zwémol op de Beckstrank gefall wier. Hie könnt op mech duer, seng Schwengsguckelcher werfen nōm-men eso' Blötzer. Du fānt en un ze brōllen: „Wissen Sie was Sie sind? Sie sind ein A. . . . , ein Idiot sind Sie, Mann, vollständig besäuselt sind Sie. Sie sind ein Esel, der Vater aller Verrückten. Sie sind ein Oberochse.“ An du brōllt en nach me' hārt: „Was sind Sie?“ Dāt war hiere le'wste Sport, we' der jo wōßt, engem eso' Wieder un de Kapp ze werfen an dann ze froen: „Was sind Sie?“ Dann huet é jo missen dāt selwecht äntweren, we' sie engem virgejaut. Mecht én et nōtt, ass et „Verweigerung des Gehorsams“, oder we' nennen se dāt?

Mé ech hāt dat jo beileiwen nōtt fierdeg bruecht. An elo zemol nōtt. Du duecht ech: „Me' we' nach eng Ke'er op de Reck fālen kanns de och nōtt.“ Du mân ech e se'ßt onschölleht Gesiecht a soen ganz gemiddlech zu him:

„Ich bin erschüttert, Herr Unteroffizier, vorher aber war ich gerade beim Essen.“

De' âner fāken un ze lāchen an ze birelen.

Bléch am Gesiecht we' en Duch gött onse Krieger, wōllt Ro' kommande'eren, bedenkt sech, rōselt mattlédeg de Kapp a gét zur Dir eraus. Vun dém Dag un hāt hie vru mir vill, an ech vrun him e we'neg weider Respekt kritt.

Hien, well e gené geso'ch, daß en iewer nōtt gerad matt engem Verreckten ze dinn hāt.

An ech, well ech hu missen denken: „Hien ass iewer nōtt eso' domm gewiescht, an huet démols e klenge Rekezuch fondt, we' e gesin huet, datt en dé Moment och matt dem stärkste Gejeitz d'Lāchen vun dénen âneren nōtt konnt zōssen.“

De Jāng stét op, le'ßt de' âner sech e we'neg auslāchen, stōppelt e we'neg am Feier, lét nach émol no.

Dono sötzt hien sech nēs bei se an zielt virun.

„En âner Mōl:

Den Oennëroffize'er vun enger ânerer Grupp gött mer d'Uerder, fir matt drei Mann vun him, zwē Letzeburger an e Preiβ, vis-à-vis an en ânere Bau vun der Kasär e puer Still sichen ze goen. Mir hâten Unterrecht iwert d'Handgranaten. An doran war ech e Spezialist. Duerfir konnt dé mech e bōsjen besser brauchen we' onsen Efalt. „Machen Sie schnell,“ sot en zu mir, „und wenn Sie jetzt über den Hof müssen, denken Sie daran, daß überall solch hohe Tiere Ihnen nachsehen. Torkeln Sie also nicht umher, wie wenn Sie zuviel Pellkartoffeln gegossen hätten, sondern legen Sie eine soldatische Haltung an den Tag! Sie übernehmen den Befehl und führen die andern exerziërmäßig hin. Los, marsch!“

Ech matt dénen drei Trapen of an den Haff. Oenne sot ech zu hinne: „Dann hält Iech richt!“ De' drei schmonzelen. De Preiβ och, obschon hie ké Wuert dervu verstân huet.

„Zackiges Kommando,“ sét en zu mir.

Mir wenzelen e puer Schreck virun, du gét uewen schon eng Fönster op, an onsen Feldwebel streckt sei sauert Gesiecht eraus:

„Mensch, was ist denn da unten los? Was für ein Sauhaufen bewegt sich denn da durch die Weltgeschichte?“

Ech: „Zu Befehl, Grenadier mit drei Mann beim Stühleholen.“

De Feldwebel, dén senger Fröndin eso' sche'n Ae mâche konnt, rullt seng Guckelcher elo kriegeresch hin an hier a bröllt: „So nehmen Sie sich gefälligst zusammen und benehmen sich diszipliniert. Los, kommandieren Sie!“

Ech: „Jawohl, Herr Feldwebel!“ A lues zu dénen drei: „Dajé, Jungen, streckt är Hengerbröschts eraus a kommt mer nogetröppelt.“ A lass gin ech, de Kapp an der Luecht we' meng Cousine, we' et nach Trötzen hât. De' zwē Letzeburger kommen no, mé de Preiβ, dé ké Wuert verstânen huet, bleiwt ro'eg stôn. An du könnt en op emol ganz verduzt nogelâf.

We' ech dât gesin, kucken ech se'er nom Feldwebel, dén ganz blo an Gesiecht an der Fönster henkt. E'er dén iewer eppes ka blären, jeitzen ech: „Sie Hampelmann, reißen Sie sich gefälligst zusammen! Sie . . . Sie . . .“ Eso' weit fällt den e'wege Sproch, matt dém ech schon honnert Mōl vernannt go'f, mer nach an. Mé dât lescht Wuert, we' war dât scho me'? Ah,

endlech . . . Ech ôtmén erliechtert op, da brölle éch matt Begéschterong: „ . . . Sie . . . Kaweichelchen!“ De Preiß mecht en dommt Gesicht. d'Letzeburger halen sech d'Beich, ge'fen sech am le'fsten um Buedem rullen yu Lâchen. Mé dât sollten se gleich kre'en.

De Feldwebel verschwônn't we' de Blôtz aus der Fönster. E'er ech de' zwe' Klautercher nés bei Verstand hunn, ass e schon d'Trâp erof geböselt a wôllt an den Haff.

Duer kônn't en och, mé ânescht we' e geduecht hât.

Hie bleift matt engem Fo'ß hannert enger futisser Plättchen henken, streckt d'Hänn no vir a flitt, we' aus enger Kano'n geschoß, an den Haff. Do rutscht en nach e gudde Meter um Bauch virun, dre't du lues op d'Seit a bleiwt leien, grad ewe' e Segelschlidd, dén ausléft.

Et war zevill e gelungent Bild.

We' hu mer alle ve'er gelâcht!

Mé de Feldwebel lâcht nôtt. Dé rappelt sech op, an dét ons an de Schne' tesselen. Mé mir mân et gâr, schmonzelen an denken: 'T'ass égal, hie lo'g iewer och dran.“

E Leutnant, dén de' lâscht Szén nogekuckt huet, kônn't mat do'téschtem Gesiecht op de Feldwebel duer. Dé riff't: „Achtung!“ a salute'ert. Mir sprangen op, sti stramm. Mé e'er dén âner kann eng Meldong man, sét de Leutnant zu him:

„Lassen Sie's gut sein, Herr Feldwebel. Sind eben bloß Rekruten. So wie Sie ihnen eben das 'Hinlegen vorgemacht haben, so lernen die Männkens dort es nie. Das war wirklich großartig!“ An zu ons: „Weg, marsch, marsch!“

Du si mir d'Still siche gelâf. Dât wor me' einfach a mir waren e'schter erem.“

An dér klenger Stuff erschâlt löschtet Lâchen. D'Jongen hun iwert dem Jäng senger Erzielong hire Misâr vergiess.

An de Jäng wôllt sein och vergießen an zielt nach eng:

„Et war an dér selwechter Kasâr. Ech hât nés eppes gestiecht a sollt derfir be'Ben.

Sie erfannen sélen eppes Guddes fir én ze schikane'eren.

Ech hu missen all fönnef Minuten mech an engem âneren Kostüm weisen. Jé, „Maskenball“ hu mir derfir gesôt. Oh, dir wârt och Beschéd wôssen. Fir d'e'scht am Drillechkostüm matt Schong, dann dé groen Dreck matt Stiwelen, dann am Sportskostüm matt Schlappen, dann nés den Drillich, dé Groen asw.

Dé Spâß huet eso' annerhallef Stonn gedauert, an ech war um Verzweiwelen. Mé ech stong sche'n all fönnef Minutten am Haff a war färdeg. Den Oenneroffize'er ass bâl geckeg gin vu Roserei, en huet geduecht, e mießt mech kleng kre'en. Mé uewenop hun zwé Letzeburger mer gehollef, an ech war ömmer sche' penktlech do.

An der läscht hun ech missen opläfen a mei Kamp erofbrennen. Mé déer hât ech ömmer zwe'n: E fir ze kämmen an é fir ze weisen. Duerno mein Zänngeschier. Zännbieschten hât ech der och zwo'. Du donnert en mech un: „Jetzt zurück. In zehn Minuten stehn Sie wieder hier mit feldmarschmäßig gepacktem Tornister, gerollte Decke usw. Los, weg! Marsch, marsch!“

Ech we' en Hues op. Ech hu keng 10 Minutten gebraucht. Et waren nach keng sechs vergângen, du stong ech sche' matt gepacktem Tornöschter do. De Preiß gött bléch, eso paff ass en. E sét weider neischt we' „Wegtreten!“ Vun do un huet e mech a Ro' gelôß.“

„Elo gét et iewer duer, do huest de ons eng opgehâng,“ jeitzt den Timm. „Fir en Tornöschter richtig ze pâcken breicht ech ömmer eng Stonn.“

„Do hues de Recht Timm, obschon én, wann e läng Uebung dran huet, an enger halwer ka pâcken.“

„An du wölls behâpten, du könns et a ve'er Minutten!“

„Ech hâle wuel jo, we' könnt ech dât? Fro nômmen d'Kollegen hei; ech brengen et haut nach nött eleng an zwo' Stonne färdeg. Mé verstitt gudd, an dât ass d'Pointe vu menger Geschichte: An dér Zeit, wo' ech mech eso' en zwanzeg Mól schange'ert hunn, an op an âf geblôtzt sin, hu meng Kollegen mer mein Tornöschter matt hire Sâchen vollgestoppt. Do huet é gudd a ve'er Minutten färdeg sin. De' zwé hâten jo annerhallef Stonn Zeit. 'T war jo nött fir d'e'scht, daß é Maskenball hât, a mir konnten och denken, datt d'Tornöschterpâcken zum Schluß ke'm.“

„Jo dann, allerdengs.“

An der Stuff erklingt nés e fro't Lâchen. Misâr a Verlângerer sin nôt me' eso' no.

Elo mengt de René: „Wien hätt geduecht, daß de Jâng eso' e löschtege Brudder wâr.“

Dé gött éscht. „Eso' gâr we' ech, huet nach sélen é gelâcht. Mé wéss de Ren, de Krich, dât ganz Liewen hei, nach en ânert

derbei, wât Iech neischt ugât, verstés ne, dât dreckt fame's. E gött ében e'schter matt eso' eppes färdeg we' dén âner.“

E kuckt an d'Feier a seng Gedanken si weit we' e sét : „Dir verstidd et dach nôtt. Mé keng Suerg, et gét eriwir. Dén hei le'bt sech nôtt önnerkre'en.“

De' âner drei si ro'eg. Sie lauschtere gespânt. Soll endlech seng Se'l sech opdoen, soll e Wierder fannen, fir sech' dât Göft, wât an him wullt., erauszeschwätzen? Mé de Jäng sét nômmen:

„Mir hâßen de Preið. Well en ons Neutralite't gebrach huet, hâßt d'Letzeburger Vollek en, Mir hâßen de' ârmese'leg Verre'der, de' fir e puer Judasgroschen ons verkâft. Well en ons heilî verschléft huet, well en ons tyrannise'ert, onse Wöllen verge-wallegt, onst Liewen a Gefor brengt, duefir graule mer dem Preið.

„Wann dann é Mönsch dén ânere verre't, o'hni daß de Verrôt eppes matt dem Land ze dinn hätt? Eso' e Verrôt kann och schwe'er sinn.“

De Jäng schleckt emol, fenkt sech ömständlech eng Ziga-rett un a firt virun, lues an nodenklech :

„Also d'Preisen, de' gi vun den Allie'erten zur Rechenschaft gezun spe'der. D'Verre'der vu Letzeburg gin zu Letzeburg be-strôft. An e'weg stinn se do voll Schân. An e Mönsch, dén engem ânere vill geholl huet, wuel eso' vill we' d'Preisen, ass estime'ert a kén denkt drun fir hien ze strôfen. Wo' ass dann do d'Gerech-tegkét? Sei Verbriechen ass dach nôtt kleng. Vu wém gött dé Mönsch bestrôft?“

Den Norbert ass fromm. Hie riff t matt Iwerzégong: „Vum Härgott, Jäng.“

Dé kuckt op, denkt no a sét dann op émol we' erle'st : „Ah so', dann ass et gudd. Ech sin nôtt do drop komm. An t'ass dach eso' einfach.“

E firt sech matt der Hand iwert d'Aen, we' wann en de' domm Gedanken, de' do bueren a wullen, wölft ewech wöschem.

E VERRE'DER

An d'Stöll, de' op émol am Zömmer ass, te'nt dem René seng Stömm : „Elo ass et u-mir. Ech wöll och eng Geschicht erzielen.

„Mir hâten bei onser Kompanie, bei déer ech virdru war,

e Serb. D'Preise sôten, en hätt sech freiwölleg gemeldt. Mé hien huet ömmer hémlech bei ons behâpt, dât wâr nött wo'er. Vill-me' hätten sie duerch allerhand Tricken hie force'ert fir de' gro Uniform unzedinn. A mir Letzeburger, de' de Preisen hir Mätzecher jo nach ze gudd kannt hunn, mir hunn him gegléwt.

Mir waren ganz gudd matt him, mé mir hunn ons Reserve gehâlen, him neischt erzielt, wât nött jidderén konnt he'eren a wössen.

Mir lo'chen nach ganz vir an der Ukraine an hâten kén zevill e schlecht Liewen. Owes hu mer ons aus de Quarte'ere geschlach, sin doruechter bei d'Leit hamstere an zerrüchte gâng.

Mei Kolleg Pier ko'm é gudden Dág bei eng Frächen, dér hien, trotz aller Ustrengongen, awer och guer neischt ofbiede konnt. De Pier ass kén dommen. Hien denkt direkt: „Dât do ass eng Patriotin. De' wöllt de Preisen neischt gin. Du muß de' elo e we'neg opkle'eren“. A scho fänkt en un: „Matuschka, ich nix Germanski.“ D'Fra röselt ongléweg de Kapp. De Pier gött sech nött.“ Germanski njätt karosch. Ich Luxemburgski.“ D'Fra mecht gro'ß Aen a firt sech mam Enn vuun Schirteg iwert d'Stier. „Ich Luxemburgski. Bänni maju? Luxemburgski liegen so. Hier Germanski! Hier Franzoski, hier Belgiquici, und in die Mittiki-zitti Luxemburgski.“

De René le'Bt de' drei sech auslâchen iwert dem Pier sei gelungent Russescht an denkt hémlech: „Lâcht dir nömmen gudd domm, dir könnt es och nött weider.“

Dann zielt e virun:

„Matt viller Me' a matt enger wonnerbarer Gedold, we' nömmen hien se huet, iwerzégt mei Frönd d'Fräche schlieblech, daß hie ké Preið ass a force'ert an hier Uniform gestach go'f.

Matt e puer Schappen Maismiel könnt en an d'Bûd.

En zielt mir de Spâß, a mir lâchen allenzwé iwert sei Russescht, wât kén ass, we' dir elo grâd och.

Zwe'n Dég drop vergét ons d'Lâchen, well mir zwé gi festgeholl. An den Oberleutnant erzielt ons d'ganz Geschicht Wuert fir Wuert, gené we' de Pier mir se beriecht hât. Duerno fänkt en un ze jeitzen, et sollt én ageston, soss ke'me mer allen zwé virun d'Krichsgeriecht.

Mir légneu natierlech eso' se'er ewe' hie schwätzt.

Schlieblech sét de Pier ro'eg, a seng Aen gin eso' kleng, we' enger Kâtz hier wann se op eng Meische lauert:

„Ich kann überhaupt nicht glauben, daß jemand sowas gesagt hat.“ De Preis gött ro't am Gesiecht, scheckt seng Ordonna'nz de Serb sichen, an dé muß bei ons zwé agestoen, datt hie russesch kann, an daß d'Fra him am gudden Glâf, och zo engem Frönd ze schwätzen, alles erzielt huet. An de Verre'der hât neischt besseres ze din, ass we' d'Sâch direkt un de richtige Bûr ze brengen.

E'er ech eppes ka soen, huet de Pier d'Sâch agestân.

Seng Aen gin nach me' kleng we' en dem Serb elo fröndlech lâcht an dann eng wonnerbar Verdédegongsried laßle'st, de' em de Kapp behâlen dét. Hie sét zum Oberleutnant, hien hätt der Frâ eben erklärt, daß hien aus Letzeburg wâr, we' eben e Bayer ge'f erzielen, daß do seng Hémecht ass.

Hien hätt nie gesôt, mir wære force'ert oder an d'Uniform geschléft gin.

Nén, hien hätt gesôt, verschidde Leit hätten sech geweigert, se unzedin, an de' wâren vum Gauleiter ersche'Be gelôbt gin. So' wier dât jo och de Fall an et könn't én et an den Zeidongen liesen.

An hien lâcht onschölleg, we' en no enger gudder Ve'erelestonn seng Ried ophâllt: „Ich sehe ein, man hat besser, man läßt sich mit den Leuten nicht ein. Es ist so schwer sich mit ihnen zu verständigen. Und wie leicht entstehen dann Schwierigkeiten. Die gute Frau hat mich äußerst mißverstanden.“

Zu gudder Läscht ko'm hien, well kén em eppes konnt beweisen, matt drei Dég Arrest ewech.

Zwe'n Dég drop ko'me mer an den „Einsatz“ we' d'Preise soen.

Ech kann dén Dâg nie vergießen, obschon mer nômmen eng onbedeitend Seiberongsaktio'n ge'nt d'Partisanen duerchgefe'ert hun.

Ech gong niewent mengem Frönd Pier. Mir waren de fönneften an de sechste Mann an onser Grupp.

Mir go'fen an e Gefecht verweckelt, an dém et zimmlech löschteg hirgong.

Op émol, mötten iwert dem Lâfen, le'bt de Pier sech fâlen. Ech mengen et wier eppes laß a geheie mech dernieft. De' âner vun onser Grupp waren erlânscht. Hanerun ons war ké me', well mer ganz an d'Brét gezu waren.

De Serb iewer, den zum „Stellvertretenden Gruppenführer“ vun onser Grupp avance'ert war, sprengt op ons duer, héscht ons weider gon.

De Pier sét ro'eg zu him, hie wär e Verre'der, an de' mißte stierwen. Dén âneren hieft de Revolver, de Pier geheit mamm Daum d'Secherong vun Gewier erem. Hien ass me' se'er ewe' de Serb.

Dé fält an de Sand.

Hien huet nie me' é verrôden.

„Do kanns de der e Beispill huelen, Jäng, we' de' könne bestrôft gin, de' Einzelner verrôden, o'ni daß e ganzt Land am Spill stét.

Mir si weider gelâf, an doruechter geblärt hu mer, an an d'Luecht geschoß. Mir hunn nôtt dru geduecht, fir engem Ruß emol nôhme wölle we' ze din.

Mé de Verre'der lo'g dohannen erschôß.

Ech wéss nôtt, mir huet et léd gedoen, mech huet et excellent, ech hu gesôt: „Pier, du hâß, dât nôtt solle mân'.

Mé dé sôt: „Besser hien ewe' ech.

Ech si ké Verre'der'.

Dât war meng Geschicht. A war se och nôtt eso' löschtég ass we' dem Jäng seng, dann ass se duefir nôtt manner richtig geschidd.“

AM SUMMER BEI DER BACH

Du kanns bestömmt och sche'n erzielen, Timm.”

„Erziel du ons eng Geschicht vun dohém.“

„Wât dann?“

„Egâl. Eppes Sche'ns. Et lauschttert sech eso' gudd no, hei wo' mer fir e puer Stonnen gebuerge sin.“

„Wo' d'Feier eso' gemiddlech bullert.“

„Da lauschttert.“

Sie reckelen sech me' no un hien erun, hâlen d'Bén bei d'Flâmen, strecken sech emol a spôtzen d'O'eren.

Den Timm fänkt un.

„Et war émôl e Médchen, dât hât all Jonge gär. Natierlech spillt meng Geschicht sech zo' Letzeburg of. Dât Médchen war eso' sche'n, we' se nômmen do könne sin. Sepg Hoer hun de'f schwârz, bal blo geliecht, sein Teint war reng an o'ni Fél, seng

ganz Gestalt e Gedicht. All Mänsmönsch aus der Ge'gend, op uerdentlech oder nött, huet sech öm seng Gonscht beme't, de' eng mat uerdentlechen, de' âner mat onuerdentlechen Absichten. A we' gesôt, huet d'Médchen sech dese fait zu Notze gemât, an se all un der Nues erömgefe'ert. Sei Gemidd, eso' traurech et och ass ze soen, war nött me' de'f an huet un neischt ânescht Gefåle fond, we' eben ze gefålen. Et war d'onömschränkt Herrscherin aus dem Stiedchen duerch seng Scho'nhét a seng Lichtfankegkét, an et war nött nömme e bösjen ho'frech drop. Wât e se'ßt Gefill fir hatt, ze wössen: Du kanns mat enger Geste dén do glecklech, dén âneren de'f onglecklech mân.

Eso' gong dât wuel drei Joer läng, o'ni daß onst Médchen seng Efållegkét agesin hätt, an o'ni daß é komm wär, et enges Besseren ze bele'eren.

Ko'm du awer enges gudden Dags eng Familjen beigezun, de' matt enger gudder halwer Dosen Kanner gesént war. Dén élstén war den Emile, e Borscht, dén d'Härz um richtege Fleck hât, mé leider de Verstand nött. Ech wöll domat guer nött soen, datt en eng Schrauw labber hât. Oh, ganz am Conträr, mé et war en Drémer, én dén ömmer phantase'ert huet, an nömme un dât Sche'nt an un dât Gudd, an un d'Gerechtegkét gegléwt huet. Eso' eng Art Idealist, wanns de wés wât dât ass, Jäng!“

„Jo, ech wo'ßt et émol,“ grommelt dén. Den Timm erzielt weider.

„Et ko'm natierlech och, dass onsen Emile dât sche'nt Médchen gesin huet, a wât huet misse kommen, dât blo'f nött aus. Et gött ömmer gesôt, d'Le'ft op den e'schten Bleck wir nött me'glech, awer bei eso' Klautercher, we' den Emile é war, ass neischt onme'glech.

Hie war glât erschoß, ganz krank vu Le'ft, wann och seng Gefiller sech vun dénen vu verschiddenen Aneren stârk önnerschéd hun. We' all Idealist a Phantast war e gråd eso' schei we' romantesch veranlagt. Duerfir konnt hien et och nött färdeg brengen, fir dât Médchen unzerieden.

Natierlech huet hatt dât an uecht geholl, a we' all Framönsch, dât stârk gefeiert gött, huet him dé Gedanken Spâß gemâcht, e jonken, ganz onverduerwene Borscht zu senge Freieren ze zielen. Et huet onsem Jong fröndlech zo'gelächt, wann et him op der Strôß bege'nt ass, an dann d'Ae se'er niddergeschloen, we' a Verlénhét a Schimmt. Dodrop huet et den

Otem fest ugehâlen, an ass wonnerbar ro't önnert dem Pudder gin.

Onse Jong awer lo'g dohém hallel Nuechten wâkreg, ass nött matt sech an d'rengt komm. Seng Schei war eso' gro'ß we' seng Le'ft. Well hien senger Sâch nach ömmer nôt secher war, huet e schließlech virgezun, neischt ze soen, well de' Borscheiten we' hien färten ofgewiesen ze gin, sie emfannen dât als eng ongeheier Blamage; an de' färten se we' der Do't.

Sei Behuelen awer huet grâd dât liechtfankegt Framönsch ugezun, an et huet décide'ert de' ganz Sâch selwer an d'Hand ze huelen.

E gudden Dâg so'tz den Emile bei der Bâch an huet dem Spill vum Wâßer nogekuckt. Du geseit en do dran d'Spiegelbild vun sengem énzegen Drâm. Vu Schreck wâr e bâl an d'Wâsser gefall. Mé e'er en dozu ko'm, schle't de Fo'ß dem Médchen öm, an hatt tröfft Ustalten, sche' gemiddlech an d'Bâch ze rôtschen. Natirlech eso' lues, daß den Emile bei all senger Schwe'erfällg-két gudd Zeit hât, fir hatt opzefângen. A we' en dât le'ft an eso' dûst Gesiecht so' no bei sengem hât, we' en an de' wonnersche'n Aen, we' an en de'we Weier konnt kucken, de' weiß Pârelzännercher töschent déne ro'de Löpsen we' Elfebén geso'ch liechten, du war en nött me' schei, du huet en sei Mond op dén ânere geluecht, seng de'f Le'ft voll Gleck geköbt. A we' selbstverständlech huet en dât gemât, huet sech ké Moment gewonner't, we' dén âneren, oh eso' se'ße Mond, geäntwert huet. Mé et war eso' eng sche'n helleg Flâm an him, de' fro' a glecklech mo'ch, a kén niddrege Gedanken kannt huet. A voll Le'ft stre'lt hien dât sche'nste Kand iwert d'Hoer, de' doduerch nach me' glônneren an hierer seideger Sche'nhét.

Dorno so'tzen se zu zwé beim Wâsser, an den Emile huet glecklech a voll Fréd erzielt a gete'nt, we' sche'n et elo gef.

An ass et nött gelungen! D'Médchen, wât eng löschteg Aventure gesicht huet, lauschtet no, a seng Gedanken a seng Aen sin nött spöttesch, mé fro'.

Gesidd der, we' et ka kommen, daß én énzegt Bege'nen matt engem uerdentleche Mönsh en âneren, dén voll Liechtfank stecht, kann zu dem réelle Liewen a Gruedhét a Le'ft zereck brengen.

Meng Geschicht ass zu Enn, well de' zwé go'fe bestuedt, a nie hât é Man me' eng propper an trei Frâ."

Den Timm ass stöll. Den Norb an den Ren ôtmen erliechert op. Sie hâten gefârt, d'Geschicht geng en trauregt Enn huelen. An dât hun se nôtt gär. Sie erliewen a gesinn all Dâg Traureges genuch.

Elo sét de René : „Sie ass sche'n, deng Geschicht; we' hues du alles eso' gudd beschriwen.“

De Jäng huet de Kapp an d'Feischt gesteipt, d'Stier a Fâlen. Elo stét en op, greift den Timm matt zwé Knäpp vun der Jackett, kuckt em de'f an d'Aen a pöspert: „Sie war sche'n an uerdentlech den Geschicht, mé bass de secher, daß se so' ausgong? Lâch emoll!“

Den Timm lâcht nôtt, kuckt dén âneren och de'f an éscht an d'Aen a sét verdrémt : „Se gin all eso' aus, Jäng, all meng Geschichten gi gudd aus! Verstéß de dann nôtt, dât ass d'Konscht fir ze liewen! Du mißt mech dach begreifen. Ech hu geduecht, du wärs och e Romantiker, e gro'ßen Idealist.“

An de Jäng schle't d'Ac nidder, sei Gesiecht ass äschegro we' en ännfert.

„Sôt ech nôtt schon, dass ech é war?“

'T gött ro'eg beim Feier. Hei an do sprötzt e Quonk matt luesem Knall aus der Glo's. De' ve'er sôtze ro'eg, fômmen nach eng Zigarett.

A si drémen vun dohém, vu Fridden, vu Le'ft.

Fir wât soll ech Iech dât virenthâlen?

Jo, och vu Le'ft, grâd am méschte vun dér hun d'Jongen a Rußland gedrémt.

De Jäng sôtzt niewent dénen âneren, mat trauregem Gesiecht an erdenkt sech eng âner Versio'n vum Timm senger Erzielong.

Bâl traureg stét den Timm elo op, dreckt dénen drei d'Hand fest a gét. Hie muß weider; e beschwe'erleche Wé voller Gefôren a Strabatzen.

De' drei bleiwen eleng.

D'Feier gét aus.

Eng wonnerlech Stöll ass op émol töschend hinnen, de' elo grâd nach eso' vill geschwât a gezielt hun.

Sie sôtzen ro'eg an denken. Kén kann dém âneren seng Gedanken errôden.

An 't sinn dach gudd Kamerôden.

II

An der Häll vun de Schluechten

Letzeburger Feß

Eng honnert Meter lāng Colonne zidd durech de' verschneite Stepp. Matt déne schwe'ere Sturmgepäckel belueden ze'en d'Leit virun, ugefe'ert vu barsche Virgesäten.

Den Norb, de Ren an de Jāng tröppelen niewent enén.

'T ass 32 Grad önnér Null.

Iwert den hartgefruerene Schne' marsche'eren se, d'Aen zum Buedem, d'Zānn fest openén.

En eisege Wand ble'st der Colonne entge'nt, duerchble'st d'Gezei, daß dZaldoten zesummeschudderén vu Kélt.

Obschon se d'O'reschötzer unhunn, reiwen de' drei sech hier O'ren dach fest vun Zeit zu Zeit, fir ze verhönneren, daß se hinnen erfre'eren. Och d'Nues masse'eren se heiando. Well wivillen si scho grād iwert dem Marsche'eren d'O'ren an d'Nues erfruer.

Rechts a lenks bréden sech d'Schne'felder kilometerweit; virun der Colonn ass Schne', hannerunnen ass es, op be'de Seiten. Sie ze'en dohin, an enger erkälter Welt, de' eso' ro'eg do leit, we' gestuerwen.

Zwanzeg Kilometer sin s'elo scho gāngen, an 't ass nach u keng Rascht ze denken. Eso' eng gött iwerhāpt haut nōtt, sinn se dach önnérwé, fir e russeschen Durchbroch opzefānken.

Eng miserabel Stömmong ass an der Colonn. Well de' beißend Kélt, de monotone Gleichschrōtt vun hinne selwer, de' erschreckend Ro' vun enger erfruerener Landschaft, mecht hir Gehierer midd, d'Géschter traureg.

Si gin an engem hallef nervösen, hallef résigne'erten Zo'stand. Si warden voller Nervosite't op en Enn vun deser schrecklecher Monotonie. Mé résigne'ert denken se wuel: „Wann de Marsch ophāllt, si mer am Krich. Da gi mer vleicht nach 'ze wārm am Feier vun enger mārderescher Schluecht.“

Dénen drei Letzeburger gét et nōtt ānescht. Vleicht ass bei hinnen d'Nervosite't nach me' groß we' bei de Preisen. Well

si färten de Krich, nött well se so' vill em hirt Liewe bângen,
mé well se eng gro'ß Angscht do setzen hunn, friemd Liewen
ze zerste'eren. D'Kélt frößt un hiren Gemidder.

Wät hinne félt, ass de' wonnerbar Gedold vun déne Leit,
de' an desem Klima gro'ß, stârk a fest go'fen.

G'Gedold vun déne Leit, de' vun der onbarmhärzeger Na-
tur können onermeßlech vill erdrôn, mé dénen hiere stârke
Wöll duefir iewer och kén ka bezwengen.

We' feinen Niwel zéchent sech hieren Otem an de' dõnn
Loft. Keng Sonn könnst e verluerent Land erwiermen an dém e
puer verlucere Leit marsche'eren.

De Jâng hippt. Hien huet d'Fe'ß wond, kann sech kaum
nach viru schléfen.

Den Norbert hippt.

. . . De René hippt och.

Letzeburger Fe'ß sinn nött fir preisesch Stiwele gewueß,
können doranner nie hémesch gin. 40 Kilometer leien elo
hannerun hinnen. Den Himmel gött ömmer me' gro. De Schne'
verle'ert lues a lues vu senger greller Hellt.

An enger halwer Stonn ass et Nuecht.

Me'se'leg schléfen sech de' drei an der preisescher Colonne
virun, hu ké Wöll a ké Wonsch me', we' daß des Schikan vun
engem Marsch soll en Enn huelen.

An hire Wonsch gött erfóllt.

De Bataillo'nskommandeur gött d'Zéchen zum Hâlen.

AGRUEWEN

D'Nuecht hânt schwârz iwert dem verschneite Land. Lues
Kommandostömmen sin ze he'eren, an heiando e luese Klank
vu Steng ge'nt Eisen.

Ondeitlech Schied geseit én iwerall sech bewégen.

D'Kompagnie grieft sech an.

D'Positio'nen vun der russescher Infanterie si festgestallt.
Kaum 200 Meter vun hinnen-eweck leien se, a gudd ausgebaute
Stellungen.

D'Preisen hun hei keng Verdédegongsme'glechkét, si for-
ce'ert, eng Linn iwerhâpt ere'scht auszebauen. An nömmen 200

Meter me' weit ewech, leit de Gegner, dé bestömmt scho vun hinne wéß.

„Ech kann nött verstön, firwât de' nött ugreifen,“ sêt de René grâd zum Norbert. „Mir wâren dach direkt geliewert, well mer jo keng Deckong hun.“

„Nén,“ ännfert dén âner, „dât wâr jo eng Dommhét, well wann sie erausgin, sin sie jo och nött gedeckt. A vleicht sin se och nach ze schwâch an erwârdén Verstärkong.“

„Hief keng Suerg,“ grommelt de Jäng, „se kre'en ons schon.“ De' drej sin am Gâng eng MG.-Stellong ze bauen, an där se mam Norb senger Mitraillease Plâtz fannen. Well sie sin MG-Schützen ént, zwé an drei.

„Eingraben!“ hunn d'Preisen ordonne'ert. Dât ass huerteg gesôt. Mé an enger deischerer Nuecht an engem erfruerene Land, dât och auszefe'eren, dât ass eng âner Sâch. O'ni Tapage, o'ni gesinn ze gin muß dât fir sech gön.

De Jäng flucht lues duerch d'Zänn; de' drei leien um Bauch a krâtzen mat hiere klenge Spueden um hârt gefruerene Schne'. Am Leien müssen se sech agruewen, zwéhonnert Méter vun de Russen ewech! Schlôfen de'?

Mé ké Schotz fällt, d'Nuecht bleiwt ro'eg, jo onhémlech stöll. Centimeter fir Centimeter kommen de drei duerch de Schne' an de Buedem, an an dém Milimeter fir Millimeter me' de'f.

Eng hârt, ustrengend Arbecht ass dât, an de Schwéß léft de Jungen trotz der eiseger Kélt de midde Reck erof.

Hier Gesiechter verze'en sech vun der iwegro'Ber Ustrengong, bleiwen a stengerne Maske ston, gin hârt we' de Buedem an dén se sech wullen. All guddmiddegen Zuch ass aus hiere Minnen verschwonnen. Sie hâßen d'Welt a wössen et kaum. Wien wöllt hinnen et verdenken?

De Buedem gött op eng Zeltdecken geschöppt, an de Jäng schleicht e puer honnert Meter no hannen, fir se do eidel ze mân. Well ké schwarze Buedem duerf op dém weiße Schne' de Russen an d'Aen stichen wann et hell gött, hinnen doduerch d'Positio'nen gené verrôden.

Wann de Jäng erôm könnt, sinn de' âner nés én oder zwé Centimeter me' de'f, a matt zwo' Täsche voll Buedem schleicht hien hannescht. Dem Jäng seng Zong henkt um Buedem we' hie fir d'drött de Wé gemacht huet an hie mault dénen âneren zo': „Jongen, ech kann nött me', all Spâß huet en Enn. De'

nächste Ke'er bleiwen ech dohanne leien, löße mech einfach erkälen.“ „An der Rei“, ännfert den Norb, „löß ons zwé einfach eleng.“ Du gét de Jäng fir d've'ert, schleicht sech erem . . . an d'Lach ass scho me' de'f.

Matt verbassener Energie beißen se sech weider an den Buedem, den hinne muß höllefen hirt jonkt Liewen erhälen.

„Bei d'Russen iwerschleichen, ob dât nött gét?“ —

„Nén Norb! E'schtens huess de trotz der Deischtert iwerall e Preiß op de Fieschten, zwétens ge'fs de vun de Russen o'ni Uruff niddergemâch, well se dech mißten fir e Spio'n huelen. Eso' eppes gét besser wann et hell ass.“

Sie schaffe weider, keiche virun, ge'fen am le'fsten matt de Fangernél sech an de Buedem erawullen. Well de' onhémlech Stöll huet eppes Beonro'egendes, wât ängschtlech mecht. All Ableck muß et laßgoen, all Sekond muß e Schotz opdonneren, engem Liewen en Enn setzen.

A vun dénen drei stierft ké gär.

Hiert jonkt Gemitt strieft sech ge'nt de Gedanken und der Do't. Well d'Liewen hinnen nach eso' vill schölleg ass, oder sie dem Liewen nach me' schölleg sin.

Elo wießelen se ôf. De Jäng höllefft matt gruewen, de René schléft de Buedem ewech. Hin an hier gét seng me'voll Rés. We' hie fir d'lescht eremkönn, sin se de'f genuch am Buedem.

De' lāscht Sendong schléft de Norb ewech.

De' âner zwé bauen an där Zeit eng Meierchen vu Schne'ronderem hiert Lach. „T a r n e n“ nennen d'Preisen dât. Kleng Deiften mân se dran, Oplagen fir d'Maschinegewier an d'Gewierer. En Dél vun de Preisen hu grâd eso' Lächer gewullt, ânerer de' énzal „Bunker“ durch Grief mattené verbonnen.

'T ass drei Auer nuets. E ganzt Regiment Preisen huet sech zwéhonnert Meter vun de Russen agegruewen, o'ni datt é Schotz gefall ass.

Wât bedeît dât?

De' drei erhoffen neischt Gudds. Si stin enk widerenén an hierem Lach, stuerken an d'Nuecht. Mé neischt gesinn se we' an ängem Oemkrés vu 4 bis 5 Meter Schne'.

Duerno henkt d'Nuecht hir schwârz Rideau.

Hannerun déer stét der Do't.

Vleicht och fir sie drei.

Oder fir é vun hinnen.

• UERGELMUSEK

Virun hinnen blötzt et op. En Dauschen ass an der Loft. Gleichdrop e schärfe Knall. D'Dauschen höllt zo'. Da könnt d'Baschte vum Aschlag.

Weit hannerun hierem Lach.

„Elo ass et eso' weit, dann hält Iech unn,“ keicht de Jäng.

An d'Blötzen höllt zo', en Donner erhiewt sech, an der Loft dauscht a peift et we' bei engem gro'ße Stuerm.

Russesch Artillerie!

D'Artilleriaschle' leien nach weit hannerun hinnen, sin an der Minutt nach nött gefe'erlech. Mé schon de' nächst können der Do't brengen. De Wé no hannen ass ofgeschnidden.

Lues a lues place'eren d'Russen hirt Feier me' vir.

„Elo hunn ons gro'ß „Strategen“ hier Zalôt“, jeitzt den Norb. „Ech gesinn elo scho wât Neits. Ons Positio'nen si gené festgestallt. An dér Zeit wo' mir ons hei amese'ert hunn Lächer ze wullen, hunn d'Russen sech zereckgezunn, an elo kre'e mir de Ségen.“

De' äner zwé ännferen nött.

Dem Jäng seng so' we so' gro'ß Aen sin weit opgeraß. An dém vu Knascht a Schwéß geschwärzte Gesiecht liechten se onhémlech weiß.

De René stét do, d'Aen hallef zo', a knât un de Löpsen. Sie lauschteren nött op den Norb, dé weider mault.

Steckweis verléen d'Russen hirt Feier me' vir.

Et ass e Gehummers an der Nuecht, e Krächen a Baschten dono, we' wann d'Welt ge'f a Stecker fueren.

En Dauschen a Peifen ass an der Loft, dât schrecklech klenkt. Dem Do't seng bréd Knachenhand spillt op eng gigantischer Uergelengschauerlech Symphonie. Eso' he'ert et sech un.

Minutten voll Angscht verginn.

Enk drecken de' drei sech an dém schmuele Lach widder-enén. Den Norb ass och ro'eg gin.

De Jäng huet elo en trauregt Lâchen öm de Mond. Hien denkt wuel: An du hues dir ömmer eso' vill Suergen gemâcht, hues démols dohém matt dem Gedanken gespillt, den Do't zu Höllef ze ruffen, an elo hues du eso' eng schrecklech Angscht virun him. Dem René seng Aen sin elo ganz zo'. Onbeweglech

lauschtert en an d'Nuecht. Nömmen d'Schanken vu senge Bâcken
gi lues hin an hier.

„Elo . . . de' ass fir ons,“ bierelt de Jäng; hie wöllt op-
sprangen; de René schle't e matt der Fauscht op de Mô, daß
en zesummebrecht.

. . . Scho krächt den Aschlâg zeng Meter rechts vun hi-
rem Bunker. D'Krâche verschleckt de' läscht Krésch vun den
Zerschmutterten.

De Buedem sprötzt op. — Splitter fle'en iwert de Letzte-
burger hirt Lach.

De Jäng, nach bléch, bekuckt groß dem René seng Fauscht.
Dann dreckt en se. Sie hunn sech verstân.

An o'ni eng Paus gét d'Gehummers virun.

Dohannen ass den Himmel ganz ro't vum e'wegen Op-
blötzen vun de Kano'nen. De' drei lauschteren gespânt op
d'Peifen vun de Geschosser; Wann dat hine verre't, daß et
ganz no muß aschloen, drecken se sech me' enk zesummen.

Dem Jäng seng Hänn si bluddeg, eso' huet en dermatt um
Buedem gekrätzt. Me' d' wöllt en, me' weit vun der Geför
eweche. Ronderem de' drei brét sech Triechter un Triechter.
Wann de Buedem vun engem iwert s'eweche gesprötzt an nid-
dergerént ass, sprötzt âneren op.

An nött nömmen Buedem. Och Eisen a Stöl ass dertösch.

„Ech muß craus“, jeitzt den Norb elo.

De Jäng weist em seng Fauscht.

An dén ânere bleiwt.

Eso' gét et am schrecklechen Erliewen vum Krich, datt én
op dén âneren muß uecht dôn. Me' nach we' op sech selwer.
En dé keng Kamerôden huet, ass schlecht drun. Elo grâd
huet de Jäng d'Nerve verluer, elo weist e matt kâler Geste den
Norb zur Ro'. Well den Ableck ko'm, bei en all, bei onse Jungen
vun dohannen, daß hier Angscht me' groß war we' hiere
Verstand.

Drei Meter vun hinnen schle't et an. De Buedem ziddert.
Grond fällt op se. Eng Wand vum Bunker fällt ganz an.

Verschott leien se hallef iwerenén, spieren iewer én un
dém ânere senge Bewégonen, daß se nach all liewen.

Ronderem höllt d'Haulen an d'Baschten nach zo'. Elo hunn se bäl keng Deckong me', wann se sech eraus gewullt hunn.

Lues a lues gelenkt dāt en iewer.

D'Aen an de Mond voll Buedem leien se lāng gestreckt niewent enén op dem Rāschd vun hirem Lach.

De' zwé hunn hier Gewierer fest an de Hand. Dem Norb sei Maschinengewier leit doönnen.

De Jāng weist virun sech op e Bommentriechter, vleicht fönnef Meter vun hinnen ewech. De' āner wenke jo.

Ro'eg stuerkt de Jāng virun sech hin. „Elo“, jeitzt en, we' et'eng Sekond ro'eg ass.

Sie sprangen op, zwé — drei Sätz . . . , geheien sech an d'Lach. Hannerun hinnen sprötzt de Buedem op.

Wo' hiere Bunker war, ass och elo en' Triechter.

Du sét de Jāng: „Keng Angscht Jongen, ons geschidd neischt! Hönnst nach nött.“ An si sin allen drei fro'.

D'Gehummers höllt of.

Bléch könnst de Muergen erop.

Wo' é ka kucken brét sech Triechter un Triechter.

Iwerall Do'decher, oder nōmmen Stecker vu Mōnschekierper. Hei blo's . . . do hallef begruewen.

Op émol he'eren de' drei, we' grād aus engem be'sen Drām erwecht, d'Gewemmers vun de Verwondten.

RUSSESCH FLIEGER

Hei an do erklengt e Kommando.

E gött befollegt oder och nött.

D'ganz Regiment ass an Ople'song . . . Vun engem énzegen Artillerieugröff! . . .

Mé, nach sollen se nött zur Ro' kommen.

Kaum hunn de' lewerliéwend vun deser schrecklecher Nuecht sech gesammelt, du sche'ßen aus de Wolleken eng Dosen russesch Kampfflieger erōf.

We' Geieren sto'ßen s'erōf, de Schniewel nō vier. Hir Maschinengewierer me'en an d'Leit; hir Bommen reißen der vill a Fatzen.

Ons drei Jongen sin we' e Blötz um Buedem, kreichen am Rén vun de Kugelen un de Rand vun „hirem“ Bommentriechter, lôßen sech drafālen. — Nés leien se am Lach, dāt se virun

e puer Minutten ere'scht verlôß. De Jäng stre'lt matt der Hand iwert de' rauh Lémmaueren, an hie muß denken, daß hie wuel sêlen eso' eppes Wertvolles getâtschelt, we' dé knaschtege Buedem hei. Well dén him hôleft sei Liewen erhâlen.

Iwert sie krésen nach ômmér d'russesch Maschinen, hir Motoren so'eren, besonnesch wann se am „Sturzflug“ erôfginn. An hir „Bordwaffen“ tacken. D'Kugelen rénen nômmen eso' an dé gefruerene Buedem. — Da kônnst dé gelungene Moment, wo' môttén am Geso'ers, d'Motoren aussâtzen, d'Maschinen sech fângen, fir nés an d'Lucht ze sto'Ben.

Eng bréd Schleif ze'en se, wackelen eng Ke'er no rechts, émôl no lenks, an de Motor de'f . . . , de Schwanz an der Lucht, we' be's gefe'erlech De'eren donneren se nés erbei : Tack-tack-tack-tack, knadderen hir Maschinegewierer.

All Kugel trôfft nôtt. Nach lâng nôtt all. Mé drei Mann leien no all Schleif do't oder schwe'er bless'ert. Well all hu se keng eso' gudd Deckong fondt we' ons drei Letzeburger. De' drei leien nés widderenén gedreckt, lôßen d'Kugelen iwert sech ewech peifen, duckelen sech nach me' enk un de Buedem, wann eng Bomm nôtt weit explod'ert.

Minutten voll Gefôr verfginn, bis dé lâschte Flieger um Horizont verschwonnen ass.

Du kriechen de' drei aus hirem Lach an hôlefen Verwondter biergen. Déer leien iwerall. Oenner hinnen Do'decher, de' eng mat glâte Schôss, ânerer ganz zersteckelt.

Bei de Verwondten ass et d'selwecht.

De' e glâten Duerchschoß hunn oder e Steckschoß an engem Glidd, we'meren nôtt vill. De' mészts si fro', daß et fir sie elo eng lâng Paus gött, wo' se eraus aus deser Háll kommen. Well och de Preis huert vill vu sengem Fanatismus a Rußland verluer. Besser wier et jo allerdengs gewiescht, wann en dén nie gehât hätt. We'vill Misär hätt en sech selwer an der ganzer Welt erspuert.

De' Verwondt iewer, dénen e Glidd zerschmuttert go'f oder de' soß verstômmelt sin, beißen d'Zânn openén; de' bléch Mönner ômspillen wôll, verbasse Lâchen.

Kén zwéten ka wôssen iwert wén se am mészts rôsen sin: Iwert sech selwer, iwert de', de' se heihi gescheckt, oder iwert de', de' se eso' zo'geriecht hunn.

Ech brauch nött als zwéten ze schwätzen. Ech hunn et selwer erliewt. Duefir wöll ech Iech et hei verröden. Sie si rôsen iwert d'ganz Welt, sech selwer matt abegraff, alleguer. Well se sin nött liecht de' Momenter, fir k é n, wann e jonge Mönsch sech op émol als Kröppel geseit. Als Kröppel oder . . . Invalid soen de' Leit, de' me' mane' erlech oder me' distingue'ert sin, zu hinnen, well se nött wölle blesse'eren. Anerer soen einfach Kröppel, entweder a brutaler Affenhét, oder am Spött. T' soll ké kommen a mir dé Sätz wölle falsch mân. En ass och nött a Bötternes geschriewen, mé eben och a brutaler Affenhét. — Op ânere Seiten wöll ech versichen, dé schlechten Androck, dén ech hei ervirgeruff, ze verwöschén. —

. . . De' Verwondt an de' Do'dech gin no hanne bruecht. D'ganzt Regiment gött ömgruppe'ert. Et ass op d'Halschecht vun de Leit zesummegeschmolt.

An dát uergst stét nach bevir. D'Kommandeuren froen drop an derwidder Verstärkong un. Eng Verstärkong, de' dach nött oder ze spe't könn't. Mé d'Plätz gött gehälen. An den Iwerräscher vun dénen ausgebuddelten Schützeline, op ânere Plätzen an den Ari - oder Bommentriechteren huelen d'Zaldoten hir Positio'nen an.

De Norb matt engem Do'dechen sengem Gewier.

FIR KÖNNEN ZE LIEWEN

De' e'scht Russen, we' dohinner gezaubert, knälen ganz onerwärt e puer Preisen ewech, de' nött viersechteg genuch an Deckong wären. Den e'schte Moment sin d'Preisen verdutzt, mé da verschwannen iwerall d'Käpp an Deckong. Scho gét d'Gesche'ß laß, hin an hier.

D'Russen, a ganz schlechter Positio'n, versichen fir nach weider virzesto'Ben.

Eng onhémlech Mass wälzt sech no vir.

Preisesch Maschinegewierer me'en an de' Mauer vu Mön-scheleiwir. En iwert dén âner schloen d'Leit, mé Meter em Meter könn't d'Mauer me' vir. D'Preisen hunn och schon nés Verloschter, mé läng nött eso' vill ewe' d'Russen.

Mé de' sin trotzdem nach me' stârk. O'ni daß én se kann ophâlen, lâfen, sprangen, kreichen se no vir. Vill bleiwen der

op dém gefe'erleche Wé, mé hir Komerôden komme weider.
D'Gescheck vun de Preisen schengt besigelt.

Ons drei Letzeburger lûßen heiando iwert de Rund vun hirem Lach, gesinn de' ongeheier Schlâng sech erbeiwenzelen. „Elo gött et Mo's, Jongen“, sét den Norbert. De' âner zwé bekucken hien verwonnert. De Klank vu senger Stömm ass schârf we' eng Messerschneid, ro'eg kucken seng donkel Aen, sein Otem gét ro'eg we' nie.

An de Jäng, dén ömmer wöllt eso' resigne'ert a fest sin, ass nervös an onro'eg. D'Schanken vun senge Bâcken zidderen op an ôf.

De René beißt un engem Fixspo'n a botzt sech all 30 Sekunden d'Nues. Mé kengem ass et agefall bis elo e Schotz ze sche'Ben.

250 Meter vun hire Positio'nen ewech sinn d'Russen elo. A matt enén riechten d'Leit sech op, stiermen erbei. De Jäng dreckt d'Aen zo'. Kugelen sprôzen iwert d'Lach, eng hölst dem Norb de Stôlhelem; du mecht en sech se'er nach me' kleng a sengem Lach. Mé o'ni Erbârmten sche'Ben d'Preisen e wöllt Feier an de' lieweg Mauer. Iwert de' Do'dech ewech sprangen de' lieweg Russen an . . . verschwannen an den Iwerräschter vun de Schützeliinnen, de' si oder Kamerôde vun hinnen göschter Owend besât hâten, an de' vun égener Artillerië och stârk gelidden hunn.

„A fir wât hunn d'Preisen de' do Linn nött besât?“ mault de Jäng. „Firwât musse mir hei leien, an hinnen do eng sche' Geléenhét gin fir seth festzesetzen, no enger Paus vun do aus gestötzt, ons hei z'iwerrennen?“

„Firwât sin se nött dôhém bliwen, an hirer eso' vill besongener Hémecht?“ ännfert elo den Norb. Daß se iwerhâpt hier a Rußland komm sin, dât war de' 'gre'ßten Ieselszegkét! T'gét elo op eng Grimmel nött un.“

D'Russen feiern stârk eriwier. D'Preisen ännferen matt aller Krâft. D'Kugelen so'eren hin an hier, o'ni op be'de Seiten vill Verloschter ervirzeruffen.

Du könnt de Befehl duerch, dén de' drei scho lâng gefârt : „Erste Gruppe, Seitengewehr aufpflanzen, fertigmachen zum geschlossenen Sprung.“ We' erbei gezaubert ass e preiseschen Obergefreiten bei hinnen, dén no'lesseg matt sengem Revolver spillt. De' drei versichen, fir hien an d'Mött ze kre'en. Emsoß! Mamm Rek'steipt hien sech fest ge'nt de' hönnescht Wand,

schwätzt douce a fröndlech matt hinnen, sét, si solle Mudd hunn,elo ke'm eng gro'ß Stonn fir sie. „Vleicht de' läscht,“ grommelt de Jäng.

Spru u n g au f! Eraus aus dem Gruet stiermt de' e'scht Grupp. Drei Letzeburger sin derbei, de' nach é Preiß färten. Elo nach, wuel verstân.

Sie hetzen dohin, iwert de gefruerene Schne', sprangen iwert Triechteren a Grief, geheien sech dohin a sche'ßen, wât hir Gewierer hiergin. Am Schotz vun hirem Feier sprengt och de' zwét Grupp, an eso' virun. All Ke'er bleiwen e puer Leit op dér kuerzer Streck.

No zwanzeg Minutten leit d'ganz Regiment, we'neger de', de' gefall sin, an eng Kompanie, de' hir Positio'n an de Schütze-grief hâle muß, kaum honnert Meter vun de Russen.

De' gesinn d'Geför kommen. Sie wöllén sech an hire Lächer nött iwerrennen lôßen. Grâd jeitzen de' preisesch Offize'er de Befehl fir ze stiermen, du sin d'Russen aus hire Lächer, sichen den „Nahkampf“ op freiem Feld.

An, gedriwen vun enger Well vun Hâß, Mudd, Verzweiflong an Angscht, stiermen zwo' Natio'nén op enén.

Egentlech drei. Well bei de Preisen waren drei Letzeburger.

Natirlech gött we' verreckt geschoß. De' zesummebrieche an op der Streck leie bleiwen, si kaum ze bedauern, well hinne bleiwt dât schrecklechst erspuert, wât et gött: d'Rengen Mann ge'nt Mann. Kaum hun d'Zaldôte vu be'de Parteien hier fönnef Schöss aus dem Lâf, du henken s'och schon un enén.

Stôl klenkt ge'nt Stôl. Bajonett ge'nt Bajonett.

Hei kritt én d'Gewier aus der Hand geschlôn. Gleich drop, wo' et senger ziddreger Hand entfall ass, buert sech kâle Stôl an e wârme Mönшекierper. Eng Mönschenhand huet de Sto'ß gefe'ert. Och d'Hand vun engem Mönch bruet elo d'Gewier, doduerch och d'Messer no rechts, rappt et brutal eraus. E Mönch ass fro', daß dén âner sech nött me' bewegt an hien nach liewt.

Jo, am 20. Johrhonnert brengen zivilise'ert Leit eso' eppes färdeg. Méschtens kritt en sech nött lâng ze fréen, schon ass och d'Verhängnes iwert him, am kâle Schne' fle'ßt och sei Bludd. Matt de Fe'ß, matt, béden Hänn, mamm Bajonett, mamm Gewierkollef, . . . matt den Zänn, wann et muß sin, gött sech gewiert!! Dât brauch ké viraus ze le'eren, dât hu se all an e

puer schrecklecher Sekunden an der hârdtster Scho'l, de' denkbar ass, gele'ert.

Ass é Ge'gner do't, dann dén ânere gemuerd; leit dén a sengem Bludd, dann dén ânere blesse'ert. Virun, virun nômmen denk u kén, sief fro' matt kengem, denk un neischt, paß nômmen op, bleiw liewen.

Dei Gezei henkt a Fatzen, mé nach nie wars de eso' wârm; du hues schwe'er Strabatze mattgemât, du baß nött midd. Du hues eso' lãng gefâscht, baß iewer nött hongreg. Nômmen d'Zong leit deck an drechen am Monn. Duescht pengegt an den Treipen. An d'Lofft kônnst eso' schwe'er an d'Longen.

Mé virun, nômme virun! Do uecht op de Schlãg vun dém Kollef do, sto'ß dén do mamm Fo'ß op d'Seit, stiech én âneren nidder!

Weider, weider! Et héscht: Du oder dén! Ge' weider, do uecht, kenn kén Erbârmen! Du muß liewen!

Vun onsen ârmen drei Iefzeburger Jongen an deser pengender Situatio'n wöll ech weider neischt verrôden, we' daß se gele'ert hunn, we' wo'er den Aussproch ass:

Fir kônnen ze liewen, muss é kônnen do't mâchen.

D'WELT A FLAMEN

Sie siinn an enger Situatio'n, de' dén uergste cauchemar iwertrôfft. Sie lâfen duerch Feier an Do't, vergießen ganz, daß se Mõnsche sin, wössen nômmen, daß se wölle liewen. 'e Schwéß léft hinnen lânscht de Kierper, trotzôém sôtzt eng onhémlech Kélt an hiren Hierzer. Hir Aen liechten onnatierlech gro'ß an déne knaschtege Gesiechter. Virun a virun drecken se sech, iwerstinn all Gefôr, wösse selwer nött we' et gét.

Sie gi virun, we' vun enger Fieder gedriwen. Sie le'eren an dér schwe'erster Stonn vun hirem Liewen verstôn, daß dât hechste Gesetz, wât all Mõnsch an d'Hierz geluecht go'f, neischt weider ass, we' den Instinkt dén den Hãrgott all Wiese go'f. De Wöll ze liewen, um Liewen ze bleiwen, trotz aller Hõnnernösser a Gefôren.

De' drei gi vun enén gesprengt. Seit u Seit gin den Norb an de René virun.

De Jäng eleng!

Hien geseit neischt me', we' Bludd virun den Aen. Hien trött a ste'lt, hie wéß nött wén; gét virun an deser Häll, de' zeng Mól schlömmer ass we' der Do't.

Krész fälen, Flich fälen — Leit fälen!

De Jäng bleiwt én Ableck am Eck vun engem Granattriechter leien — sprengt nés op, hie muß hei raus.

Hie sprengt op . . . wiert sech, wés nött ge'nt wén, muß sech duckelen, dohinnerwerfen — op bluddeg Kierper. Sin se do't, ass et neischt; sin se nömmen verwondt, bierelen se vu Peng a vun Angscht.

Hie schwéßt, seng Longe fle'en, d'Straß ass ganz verdreht. Seng Aen brennen, an de Schle'fen hummert d'Bludd; de Verstand wöllt sech emniwelen.

An nés reißt en sech op, beißt sech duerch.

Weider neischt ass him bliwen, ké sche'nt Gevill, keng Spuer vu Le'ft, Mattléd oder Kultur. Nömmen ént gött et :

Dât hechst Gesetz befollechen, dât Gesetz, dât an den e'schten Dég vun der Welt geschâfeg o'f.

We' e Wonner iwerstinn ons Jongen all Gefôr, bleiwen um Liewen wo' ronderem sie der Do't eso' onbârmhärzeg zo'greift. Hechstenz eng Fätzchen Haut hun se ewech, wo' der eso' vill ganz Glidder zersmuttert hun.

We' d'Russe gesinn, datt se d'Preisen nött iwerrannt kre'en, ze'en se sech zereck. Granatwerfer decken hiren „Rückzug“, könschtlichen Nievel verdeckt hier Operatio'nen.

Op d'Halschecht reduze'ert behâpten d'Preisen d'Plätz.

Gleich gét et un de Bau vu frösche Stellongen, de' an der Nuecht färdeg gin. Infanterieverstärkong tröfft ân.

Hannert hier fiert motorise'ert Artillerie op.

De' Zaldôten, de' frösch beikomm sin, délen matt dénen âneren hier Ratio'nen. Eng Feldkichen ass nach nött derbei. Auserhengert beißen d'Leit an dén drechene Kamöß. Dösen oder dén huét och e Steck Bechseflésch aus engem do'deche Ruß senger Feldtäsch.

Ké Gespre'ch wöllt opkommen. De' frösch si stöll, voll bänger Erwårdong wát do könnt, de' áner hun d'Ro' me'.ne'deg we' eppes anescht no dese láschten schreckleche Stonnen.

An de' drei Letzeburger, de' nach nie an enger Schluecht vun eso' großem Ausmôß agesát woren, hunn en Ekelgefill do sötzen, dát en d'Sprôch verschle't.

Nés duckelen de' drei Jungen sech an hirt Lach.

Hir Gesichter lößen deitlech erkennen, dass sie an döse láschte Stonnen Schwe'eres erliewt hun. De't Linnen, huet d'Middegkét op hir Stieren gegruewen, öm hir Mönner gezunn. We' Masken wierken hir Gesichter. Mé keng löschteg Masken sin et, de' e fro'e Könschtler entworf. De' do go'fen vun Iwerustrengong a jonk a glát Gesiechter gegruewen, vun Angscht a Verzweiwlong. Hir Gesiechter schengen ál. An hir Härzer sin ál gin. Nie me' kann hir Se'l de' fro', onbekömmert Löschteggkét vum Jonktem kennen, si sin vrund der Zeit geélt, go'fen em dát Sche'nst an Hellegst bedrun, wát e Mönch kann hunn : öm hiren onbeschwe'erte Jonktem.

Wann dát de' schwe'erst Schold wár vun de Preisen, de' dese Krich gesicht, da wier se scho grád groß genuch. Schon doduerch konnten se nött gewannen, well all de' Flich de' gefall sin dohannen an de russesche Felder, wo' et eso'vill Masse-griewer gött, de' Flich, de' déne Männer Do't a Verdierwe gewönscht, de' dese Krich um Gewössen hunn, sie konnten neischt Guddes brengen. De' láscht Wönsch vun all dénen Do'decher sin an Erföllong gängen.

D'russese Artillerie fánkt un ze hummeren. Mé des Ke'er ánnfert de' preisesch direkt. Hin an hier so'eren d'Granaten. E Kráchen erföllt d'Loft, dass kén sein égent Wuert könnt verstôn. Dát héscht, waun é ge'f schwätzen.

Mé hinnen ass all Gespre'chegkét vergáng. De' drei Jungen beißen d'Zánn openén, versichen de Verstand nött ze verle'eren an desem Chaos vu Feier a Stól.

Virun hinnen blötzt et op, ro'de Feierschein zengelt an d'Loft, verschwönnt direkt; gleich ass en áneren do.

Werfen s'emôl e Bleck hannerun sech, ass et nemlecht.
Vir ewe' hannen place'eren sech a wöllem Duerchernén, mé
trotzdem matt onhémelecher Präzisio'n, niewent d'Blötzen vun
den Ofschöß, d'Explosio'nen vun den Aschlé'.

Feier, Feier, Do't a Verdierwen.

E gro'Bt Artillerieduell ass am Gâng, rôst o'ni Erbârme
weider, d'Welt stét a Flâmen.

Eso' schengt et de Jongen, de' matt deckem Härz, matt
schle'frege Käpp an hire Lächer hucken an dém schreckleche
Schauspill nokucke müssen.

A beweist et nött wonnerbar d'Gesönnong an den Egoism
vun de Mönschen: Och de' drei Letzeburger, dénen bestömmt
um ganze Krich eso' vill leit we' un de kâlen Ierbessen, si fro',
dass d'russesch Artilleriefeier nött an hire Stellongen leit. Eso'-
guer dé möllste vun hinnen gewinnt sech o'ni Grujelen un de
Gedanken, dass dohannen we' dovîr no all Aschläg eng Parti
Leit a Fatze furen. Et ass eng gro'ß Blase'erthét an hinnen;
sie sin Chaos a Geför gewinnt. Sie ékelen sech nött me' we'
ufanks, wann se e we'neg Bludd gesinn, wa se dén erstecken-
den Polverdamp richen.

Sie hu neischt me' gâr, we' sech selwer a Letzeburg. Do-
hin héscht et nach émol ze kommen, dofir lo'nt et sech um
Liewen ze bleiwen. Egâl also, wât dovîr an dohann geschidd;
besser do fâlen zeng Leit, do si keng Letzeburger derbei, we'
daß é vun ons fällt.

Verstilt mech. Ech wöll nött, wann ech dât hei niddel-
schreiwen. dese Gedankengang glorifize'eren, ech wöll en
och nött kritize'eren. Ech schreiwen nömmen d'Wo'recht.
D'Kritik iwerlôßen ech Iech. (Mé ech rôden Iech: E'er Der kri-
tize'ere wöllt, stellt Iech des Frô: We' hätt ech an déne Situa-
tio'nen gehandelt? Wât hätt ech geduecht? Beäntwert Iech sel-
wer an aller Oprichtgekét är Fro. Dann glêwen ech, ass bei
déne méschten D'Aentwert de' hei: Et wâr mir nött ânescht
gâng.)

Eng Stonn vergét, de' zwét schleicht eriwer. Voll Baschten,
Krâchen a Feier vergét de' drött, an nach ömmer hummieren
zwo' Natio'nen an erbötterter Materialschluecht openén. D'Enn
wât virauszegesinn war, trött an. Ent nôm âneren fâlen de'
preisesch Geschötzer aus. Nömmen nach onbedeitend Feier fle't
eriwer, o'ni Präzisio'n, o'ni Schued fir d'Russen.

De' hun émol weider eng gro'ß Schluecht duerch hirt bessert. Material an hirt besser ausgebildt Bedengongspersonál fir sech entschéd.

D'preisesch Artillerie ass op desem Secteur ausgeschalt. D'Russen place'eren d'Feier me' no vir, stréen domatt émol d'ganz preisesch Infanteriestellungen of, an der De'ft an an der Brét.

Da verstommen d'Kano'nen. Sie hun hirt gemácht. Fir d'russesch Kanone'er op desem Secteur trótt eng wuelverdengte Ro' an. Mé nach láng nött fir ons drei Letzeburger Infanteristen. Sie musse weider hucke bleiwen an dém enke Lach, uecht dinn, neischt dierf hiren Aen entgoen.

A we' schwe'er dát ass, können d'Jongen all bezeien, de' dohanne waren.

Wé wóllt kábliddeg bleiwen, wann de gerechten Háß ge'nt de preiseschen Oennerdrecker an ärer Se'l wullt! we' wóllt ärt A schárfsiechteg bleiwen, wann är Phantasie Iech bestänneg en äkert Wonschbild an de glönnerege Schne' mólt!

E Bild, dát aus dem de'fsten Wönschen gebuer ömmer an ömmer we' eng Visio'n dénen árme Jongen vun dohannen virun den Aen stung!

Letzeburg!

ENG, NUECHT AN DER HÄLL

Kuerz drop sin d'Russen do. Hirt Feier ass eso' stárk, dass d'Preisen hiren Usturm nött ophále können. Sie gesin sech gezwongen, hir Positio'nen opzegin an sech zereckzeze'en.

Den Drock vun de Russen bleiwt weider stárk.

D'Preisen verle'eren ömmer me' un Terrain, müssen sech ömmer weider zereckze'en.

Seitlech leit en Duerf. D'Preisen gin Uerder fir de' fischt Heiserbleck ze besetzen, de' jo kén schlechte Verdédegongssystem duerstellen. An nés versét hier Stratégie gro'Barteg.

D'Duerf ass nämlech scho vu Russe besât, so' dass sie sech elo vun zwo' Seiten ugegraff gesinn. Trotzdem erzwangen se sech relativ liecht en Zo'gank an d'Duerf. Zwo' Kompanien können andrengen, matt enger Parti Leit de' fischt Front botzen a besetzen, während de' áner versichen an d'Duerf weider vir-

zesto'ßen. Duerch desen nött ongescheckte Mane'ver, dén natirlech vill Leit kascht, ass et me'glech, no an no och de' âner an d'Duerf eran ze ze'en, an de' be'd Equipen gehe'rech ze verstärken. Ons drei Letzeburger si bei dénen, de' versichen, weideren Terrain am Duerf ze gewinnen.

De' zwo' Natio'nen, d'Russen eso' gudd we' d'Preisen, hunn sech bei deser Operatio'n an eng gelungen a verwurelt Situatio'n eragelôß. No enger halwer Stonn Gefiecht ass d'Situatio'n eso': D'Preisen hunn d'Duerf vu bannen ronderem besât. Bausen hun d'Russen et ömzengelt, an am Center ass eng gudd Parti Russen ageschloß. De' sin natirlech eso' gudd we' verluer; mé d'Preisen sin och vum russesche Gros agekrést. Et ass en Duerchernén we' en nömmen an desem Krich an op deser Front ka gin. Guer keng Uerdnong bestét. Jidderén fir sech eleng, hechstens a Gruppen vun drei a ve'er Leit, schloen de', wo' d'Duerf musse propper mân, sech derduerch. An dât ass nött eso' einfach.

Ech brauch wuel nött ze versecheren, dass de' drei, de' ons interesse'eren, Schrött fir Schrött niewent enén viru gin. Et ass en Tapage fir geckeg ze gin. Vun alle Seite blôtze Schöß op, explode're Granaten, op Schrött an Trött lauert den onhémlechen Do't.

En Oenneroffize'er jeitzt de' drei erbei, héscht se him no kommen, fir en Haus ze duerchsichen. Hie gét vir, sie gin no, d'Aen weit op, d'Nerven gespânt bis op d'Zerreißen. Hie ste'bt d'viescht Dir op, sche'bt e puer Schöß mat senger Maschinepisto'l an de Gank, da sprengt en an. De Jäng wöllt him no. De René, vun Onro' gedriwen, reißt en zereck. Am selwechte Moment reißt den Oenneroffize'er d'Dir op, fir an dât e'scht Zömmmer. E schreckleche Knall, dén e Fluch ersteckt, den Hausgank fällt zesummen, d'Steng begruewen den Oenneroffize'er önnert sech. Eso' én an ähnlech Fäll hun d'Jongen dono nach dax erliewt. Den Trick ass ganz einfach. Un d'Klensch vun der Dier strécken d'Zaldoten, de' d'Haus raumen, de Parzeleinsknapp vun enger Handgranat. Wann elo én d'Dier opzitt, dann zidd en d'Schno'er vun der Handgranat matt eraus, an de' explode'ert dann, nodém de „Verzögerungssatz“ dén drei an eng hallef Sekunden brennt, öfgebrannt ass. Jo, drei an eng hallef Sekunden! Duefir soll én och nie eng Handgranat ewech puchen, e'er én bis drei gezielt; firwât gesitt der elo gleich.

De drei stinn e Moment we' vum Blötz erschloen, reißen sech zesummen a mân sech ewech. Mé keng drei Meter kommen se virun, an desem Durchernén vu Feier a Polverdamp, an desem Rén vu Kugelen a Granatsplitter. Sie werfen sech um Giewel vun engem Haus nidder a belûßen d'Situatio'n. De' ass nött ro'seg. Enzel Heiser stin a Brand. Ro'd Flâmen lecken an d'Nuecht, stienkechen Damp dre't sech duerch de Flâmeschein. A ronderem sie hummert de Spektakel vun engem Gefiecht, dât emso' me' onhémlech ass, well et nött kann iwersi gin. Scheinwerfer oder Täschebatterien liechten hei an do op, gin durch Handgranaten zersplittert, durch 'secher Kugelen elimine'ert. An der Deischtert täscht sech Feind u Feind, an den Hâß gött me' gro'ß, well d'Angscht ömmer me' wießt. Et ass eng Nervepro'f o'ni gleichen. De' méscht sin nött me' eso' keng den Otem ze ze'hen, se färten, sech dodurech ze fre' ze verröden. Jidderén sicht onzichtbar, onhe'erbar ze bleiwen, mé alles ze gesin, alles ze he'eren, a wât me' wichtig ass : ze villen.

Dé bedeitende sechste Sönn, dén neischt weider ass we' en Instinkt, dén all Wiesen huet, dén eng Gefôr spiere le'Bt, e'er irgend en ânert Sönneseorgan se registre'ert, we' go'f en an desen Nuechten geschärft! An desen onhémlechen Nuechten, de' eso'-guer de' onglecklech gemâcht, de' se iwerlieft hunn an nach haut hei sin. Well hir Deischtert, hir Onro', hier Angscht, we' e cauchemar an den Härzer vun dénen Iwerliewenden sôtze bliwen ass.

Virun dénen drei blötzt eng Täscheluecht op. E Moment sin se we' a weiße Schaum gebued, hiewen sech schârf ge'nt den deischtere Fong ôf. En Ableck, da leien se do, an eng Maschinepisto'legârf gét hell iwert se ewech.

Dono he'ert de Jäng eppes niewent sech fâlen, spiert, am Brochdél vun enger Sekond, de Still vun enger Handgranat, ergreift se a geheit se weit no fir. Nach an der Lûcht explode'ert se, se'nt Feier a Stól ronderem. Hätt dén, dén hinnaen se zo'-geduecht hât, se eng Second an der Hand ghâlen, war et fir sie geschitt. Hätt de sechste Sönn de Jäng verlôß, war et och eriwer. Mé et ass eng Tatsâch, daß de' Mönchen, de' de Krich mattgemâcht, ganz oft de uergste Situatio'nen beméschtert, an herno duerch Zo'fall öm d'Liewe ko'men. D'Stonn vun dénen drei Letzeburger hât nach nött geschlon.

Si gin. dât héscht schleichen sech weider cantimeter fir cantimeter, wössen an der Läscht nött me' a wât fir engem Dél

vum Duerf se sin, op se vu lenks Russen z'erwârden hun oder vu rechts.

Si sin vun hierer Grupp ganz ofkom.

De Jäng gött Zéchen. Du bleiwen se leien.

Niddergeduckelt widdert eng Wand vun engem Heischen wârden se. Ronderem dauert d'Gerôs nach e we'neg un. Et verzitt sich vun hirem Stand, rôst duefir en honnert Meter me' weit ewech nach me' erbötttert virun.

Mé si leien fir de Moment gebuergen, lauschteren nōmmen gespânt an d'Nuecht. Ké Ruß dierf s'erwōschen, soß ass et geschidd. Ké Preis dierf se gesinn, soss müssen se rem vir an d'Feier. Keng Handgranat dierf aschloen, keng verierte Kugel se treffen.

Well sie henken nach um Liewen, jo vleicht elo nach me', wo' de Kontrast eso' deitlech virun hieren Aen stét, de Kontrast vun deser Nuecht an deser Häll matt dé stōlle Nuechten vun dohém, wo' fre'er eso' e sche'nen stārebese'ten Himmel hir Drém behidd.

D'Duerf ass geraumt. Mé seng preisesch Besatzong ass iewer och wonnerbar ageschloß. D'Russen, we' se können unhuelen, dass nōtt vill iwerliewend Landsleit me' können do-banne sin. feieren matt hiere klengen a schwe'eren Granatwerfer nōmmen eran.

T'gōtt muergen, mé d'Gerôs gét virun. D'Explosio'nen, d'Ofschōß an d'Peife vun de Granaten vermōschen sech zu engem schrecklechen Tapage.

D'Nerven vun der Besatzong gi bestōmmt op eng hârt Pro'f gestallt. Ronderem d'Leit, de' ne'erens en Auswé gesinn, krâcht a blōtzt et an engem virun. Heiser fâlen zesummen, begruewen Verwondter. Do'decher, Gesondter önnert sech. Eng ro'd Feierzong leckt vun Dâch zu Dâch, gött ömmer me' gro'ß. D'Halschecht vum Duerf stét an helle Flâmen.

An d'Leit, de' an desem schrecklechen Duerchernén nach liewen, ergreifen d'Offensiv. O'ni datt iergendwo' d'Uerder derzo' ko'm, masse'eren sie sech um südlechen Enn vum

Duerf zesummen a geheien sech op d'Russen. O'ni Strategi, o'ni Disciplin, o'ni Uerder, mé matt engem Mudd, we' en nömmen d'Verzweiwlong kann dikte'eren, fiechten d'Zaldoten em hirt Liewen. An d'Russen, de' desen Dél besât hunn, gesinn sech op émol enger gro'ßer Band vu Verzweiwelten vis-à-vis, erfâßen d'Situatio'n grâd eso' se'er, a widersetzen sech bis zum Läschten. De' vischt Reihen vun de Preisen gi glât vun de Maschinegewierer ewech geme't. Dorop kommen iewer schon etlech bis un d'Russe selwer, gin do niddergemâch.

Mé nött émol gin de' Iwerliewend, och nömmen eng Sekond, zereck. Sie sto'ße vir, hu Verloschter iwer Verloschter, mé da sin se definitiv iwert de Russen, iwerrennen se an engem mârdereschen Nahkampf, sprengen de Reng.

Well et muß eso' sin, a well en neischt âneschter iwreg bleiwt, verdélen se sech elo no lenks a no rechts. E groe Muer-gen geseit d'Preisen aus der Akesslong eraus.

De' zwo' Equipen, de' bestänneg vun dénen, de' nodrecken verstärkt gin, schloen an enger Opwâlong vun Dâperkét (wann én et so' wöllt nennen) be'd Fligelen zereck. De Jâng, de Norb, de René sin och derbei. Soll ech Iech erzielen, sie hätten sech nött gewiert, sie hätten virgezunn am Duerf an de Flâmen e schrecklechen Do't ze fannen? Dir ge'ft et nött gléwen. A matt Recht. De' ârem Jongen, dénen Krich a Mârderei e Greiel ass, müssen sech, op se wöllen oder nött, derduerch schloen. Well dohém wârdén drei Letzeburger Mammen.

Dé Moment, wo' den Duerchbroch vollstänneg réusse'ert ass, d'Fligele vun de Russen scho weit zereckgeschloe sin, erwâcht och nés de Mudd vun de preiseschen Kommandeuren. Emol aus dem Schlamassel eraus, trieden se matt hire Sâchen e glorreichen Reckzuch un. Nodém se sech weit vum Schoß verschanzt hun, iwerhuelen se nés de Kommando. An domatt'ass och d'Gescheck vun hinnen an hire Leit besigelt. Hätten se de' âner gewârde gelôß, wâr et bestömmt en âneren Ausgank gin; mé elo sin se bestömmt verluer. All Mönsh muß mer recht gin, wann ech soen, dass d'Nazien vun Ufank un am Wurschtele gudd waren, dass se heiansdo e sche'nen Erfolleg zesummege-wurschtelt hun. Mé grâd dann, wann se eppes richtig organi-se'ert hâten, go'f et neischt. Natirlech ass organise'eren hei nött zwédeiteg gemengt. An dém Sönn, dén dest Wuert duerch sie an der ganzer Welt krût, dodran waren sie ömmer gudd.

D'Uerder gin doröp aus, fir de greßten Dél vun den Zaldoten sech vun de Russen öfsetzen ze lößen. De Rescht soll dénen hire Reckzog decken. Si gin duerchgefoert a schon ass d'Verhänges do.

D'Russen, de' virdrun blo's e we'neg iwerrascht gi waren, fannen sech erem, drecken dé klenge preisesche Widerstand an, iwerrennen en ganz, fälen de Preisen an de Reck. D'Schluecht ass verluer. En organise'erte Widerstand gött et iwerhåpt nött me'. All Uerdnong huet opgehe'ert. An d'Leit fannen sech nött nach émol zesummen, fir o'ni Kommando sech zo' engem feste Block ze forme'eren.

Nömmen e puer verénzelt Gruppen widersetzen sech a fanateschem Mudd. Si gin niddergemächt. De' áner, wát göß de, wát hues de . . . , trieden e glorreichen Reckmarsch un.

Ons drei Letzeburger sin natierlech och nött bei de Fanatiker. Nie sin se eso' víf no vir gâng, we' se elo no hannen rennen.

A wát d'Preisen virdrun groß organise'ere wolten, réuse'ert elo a Schlamassel an Onuerdnong.

Bloß dass et schrecklech vill Leit kascht.

Iwerall láfe verénzelt Leit, versprengte Gruppen no hannen. Nömmen fort, nömmen ewech vum Ruß, dén all Ablack dé gerenge Widerstand muß iwerrannt hunn a muß nodrecken.

Elo schon gött stárk eriwer gefeiert.

Hei an do brieche der e puer zesummen.

An am Rén vun de Geschossen stiermen ons drei Helden zereck, aus dem be'se cauchemar vun enger onhémlecher Schluecht, eraus an d'Liewen.

E Marsch, wann én et eso' nenne wöllt, voller Strabatzen, Gefören, Hunger a Kélt, fe'ert se a vollstänneger Ople'song 50 Kilometer weit zereck.

Hei sammeln sech de' Iwerliewend a gin an áner Kompanien agereit.

All, außer dénen de' krank sin an a Lazaretten önnnerbruecht gin, oder a Reservetrupps opgeholl gin.

De' drei Letzeburger erliewen e schwe'ert Gescheck.

De Ren an de Jäng kommen zesummen an eng âner Kompanie, marsche'eren no fönnef Dég Rascht nés an d'vischt Linnen.

Den Norb iewer gött festgeholl. E Bre'f, dén hie geschriewen hât, go'f bei der Zensur opgemât. An dém stong allerhand Ongönschteges iwert d'Preisen.

Den ârme Jong gött an de Prisong geschléft.

De' âner zwé bleiwen eleng önnert der Band vu Bedrecker.

III

Ve'er Geschecker

Den Timm

Den Timm fiert mat senger Delahaye iwer d'Rollbahn, de' zwé wichteg Ponkten mat enén verbönnt.

De Motor so'ert eng monoton Melodie, d'Hänn um Steierräd si bäl entschlöf vum krampfhaft Festschalten. Drei Maschinen fueren nach virun him, hien ass dé Läschten. Vu weitem schält d'Gehummers vun der Front eriwier. Den Timm huet d'Stier an de' Fäle geluegt. Sei soss eso' montert Gesiecht, dat bei alle Schwieregkäten nie sei löschtegen Ausdrock verluer, ass haut nodenklech. Alles muß en Enn hunn, denkt den Timm, an de' Geschichte hei schengt ként ze hunn. Mé ech wéß, we' ech er ént Enn mâchen. A bei dér e'schter gönschterer Gelegenhet gött dé Plang verwierklecht.

Hie schreckt op. Et krächt. Dén e'schte Wôn flitt an d'Lûcht, ronderem fle'en d'Stecker vun der Maschin. De Wôn ass op eng Min gefuer.

Eng Handgranat flitt an den Zwéten, zerreißt de Chauffeur an den halwen Auto.

A schon ass den Timm aus sengem Wôn, op der ânerer Seit we' d'Granat geflu ko'm. E jôt eng 50 Meter iwert de Schne', le'ßt sech e klengen Hiwel erof an eng Deift rullen, bleiwt do außer Otem leien. Keng énzeg Kugel go'f em bis elo nôgescheckt. Hien hat Chance, daß un der Rollbunn nômme op der rechter Seit wahrscheinlech Partisanen gelauert hunn. Hien he'ert nach zwo' Explosio'nen. „Do ass den Delahaye och derbei“, schmonzelt hien, mé den Timm ass nôtt dran. Maja, Chance muß én och hunn.“ Opperégt wârt en, op sei Verschwannen nôtt an uecht geholl go'f, an op d'Russen nôtt no em sichen. Och den Zo'fall könnst se heihi brengen. Dann héscht et oppassen a sech verstännege, e'er én eng Kugel iwert der Nues huet. Mé

ronderem bleiwt et stöll, neischt kann den Timm he'eren, so' ro'eg hien sech och verhält an eso' gespänt en och lauschtert. Hien hât Gleck. D'Partisanen hu sech allem Uschein no an dér ânerer Richtong verfûßt. Den Timm ass eleng. Elo héscht et sei Plang an d'Wirklechkét ömsetzen.

Ro'eg verziert en é Steck Kamöß matt enger Scheiw Gummiwurscht, fömmt eng Cigarette; dann erwârt en am kâle Schne' d'Nuecht. De' hânt e schwârze Mantel iwert d'Schne'felder. Den Timm hieft sech, gét gebeckt virun, d'Hand um Revolver, d'Aen gro'ß op. Lues a lues gött de Schall vun dem russeschen Artilleriefeier me' deitlech. Zum Gleck leien d'Aschle' guer nött aa deser Richtong. Mé op de' Directio'n, wo' vun dohannen de Schall vun den Ofschözt hierkönnt, gét den Timm lass. Hie wéß, dass dât, wât hie wölles huet, schwe'er a gefe'erlech ass, mé him ass neischt onme'glech. Also, nömmen uechtgedôn a weider!

Stömmegemurmels e puer Meter virun him schreckt en op.

Den Daum dreckt d'Secherong vum Revolver erôf, sei Fengerleck krömmt sech öm den Ofzoch we' hien elo nach zwé Meter me' vir schleicht. D'Stömmen gi me' deitlech. Se schwätzen preisesch. Den Timm ass an eng preisesch Schöztzellong gerôden. We et schengt, hunn d'Preisen hei eng gro'ß Operatio'n vir. D'Russen musse schlecht önnerricht sin, well sie hummeren bestänneg mat hiner Artillerie vill me' weit no lenks, a lôßen d'Preisen sech ongeste'ert hei konzentre'eren.

Den Timm schleicht elo um Bauch virun, mecht e Bo' em des Grupp, ste'ßt op eng âner, emschleicht och de'. Kâlbliddeg leit hien fest op de Buedem gepreßt, schleicht sech a preisescher Uniform durch d'preisesch Linnen. An de' gin emol nött sein Otem gewuer. We' kommen em hei d'Indianerspiller aus der Kannerzeit zo' pâß!

Endlech ass en aus der Hâptlinn eraus, ongeste'ert, ongesinn schleicht hie virun. Op émol ste'ßt en op eng preisesch Virhuet, mecht och e Bo' em de', schlängelt o'ni sech zevill unze-strengen weider, täscht sech fir d'escht matt den Hänn virun, zidd da lues de Kierper no.

— — Seng Hand greift beim Virtäschten em e Stiwel.

— — „Ha . . .“, sét én; dât ass alles. Du huet den Tim e schon matt der enger Fauscht an d'Kne'kaul geschlôn, dass en

an d'Guetten gét. E Schlâg mat dem Revolverkollef we't de Jong fir eng gudd Zeit an de'we Schlöf. Et ass e preisesche Posten, dé vun der Virhuet nés e we'neg no vir poste'ert go'f. Elo wéss den Timm, dass en aus de preisesche Linnen eraus ass. Hien ôtemt erliechtert op. Wât elo kennt ass entweder d'Erle'song oder, wann e Pech huet, der Do't.

Mé nie me' wôllt hien zereck önnert eng Reiberband, dénen ké Verbrieche ze gro'ß ass, de' eso' guer an onsem Jôrhonnert de Mönchenhandel bedreiwen. War dât eppes ânescht, wât se bedriwen hunn, we' se e puer Verre'der en etlech deierlech Marken an d'Hand gedreckt hunn, de' sech duerno als Gielemännercher verklét? Jo, dât war Mönchenhandel! Well de' Giel hunn de Preisen de Stärk gin, de' Giel hunn d'Leit dohém terrorise'ert, hunn dém traurege Wuertbriecher Simon de Courage gin, ons Jongen anzeze'en. Si hunn e puer Sou agestach, oder hunn eng besser Plätz kritt, an d'Jongen sin op' alle Fronten verbludd. „Wann dât dénen Gleck brengt,“ denkt den Timm. „Jo, ech hunn besser, ech kucken, daß ech bei d'Russe kommen, bis de Krich eriwer ass an de' Giel Pescht, de' traureg Sklavenhändler eraus sin.

Hei an do hält en eng kleng Rascht am kâle Schne', schleicht sech da virun, lauschtet ömmer ugestrengt, dass en nött kann iwerrascht gin, mé we' en och uechtdét, hien he'ert neischt. Hien ass nach weit vun de russeschen Artilleriepositio'nen ewech, mé irgendwo' virdrun muß dach och Infanterie leien oder Panzer opfueren.

Ge'nt de Muergen rascht en um Rund vun engem Duerf, stét dann we' et hell gött op, höllt e weißt Nueschnappech aus der Täsche, gét gro'ß opgeriecht op de' e'scht 'Heiser zo'. Neischt re'ert sech. Alles ass stöll, eso' ro'eg, dass et dem Timm bâl on'hémlech gött. D'Artilleriesfeier huet och opgehe'ert. An de'wer Ro' bréden sech Schne'felder, ro'eg leit Duerf we' gestuerwen.

E gét op de' e'scht Dir lass, klenscht drun; sie gött nött no, muß vu bannen zo'gerédelt sin.

Op der Seit ass e Stall, aus dém he'ert hien elo e Grunschen, Gackeren a Schnadderén, dass et eng Fréd ass fir nozelauschteren. Also dach Liewen! Den Timm sprengt dohin, dreckt an zidd un der Dier. De' ass och verspärt. Mé eng Stalldier opzukre'en, dât ass nött eso' schwe'er.

Matt engem Messer dreckt den Timm dén ieweschten Dél eso' weit an d'Luecht, dass de Bord nött me' iwert dén önneschte schle'Bt. E festen Trött mamm Fo'B, de Rédel gött no, en Agank ass verschafft. Onse Jong beckt sech, gét an' a rédelt och dén ieweschten Dél op. Dén önneschten Dél dreckt en nés zo', dass keng vun de Pensionnaires können entläfen.

E puer kleng Fierkelen grunschen an engem Verschlág; drei, ve'er Henger gackeren opgerégt, eng fett Gäns schnaddert an hierem Ställchen. Den Timm geseit e Sák an engem Eck stöen. E fillt dran, et si Kären. Den Henger geheit en e puer decker Gräpp voll dohin, du sin de' ro'eg. De Fierkelen an der Gäns verschneid en e puer Ribben, du sin de' och gezösst. E Moment stét en do ze schmonzelen. D'Stäterkand huet d'Le'ft zu den De'eren nött verluer, de' seng Urahnén him verierft. Well de' e'scht Letzeburger waren all Baueren.

E gött sech der₆ Wonnerlechkét vun senger Situatio'n nés bewoßt. Eng Dier fe'ert vum Stall, an d'Haus; de' ass nött gespárt. Gspánt gét hien an d'Haus, kuckt an all Zömmer, an all Schäf, an all Köscht. Ne'ere's ass e Mönsch. Iwerall ass leßen ze fannen; den Timm le'bt sech et gudd schmächen. Klédongsstecker leien iwerall versprét; 't ass iwerhåpt e gro'ßen Duerchernén heibannen.

Dem Timm gét eng Speicherliecht op. „D'Russen hun d'Zivilisten hönn't an aller Eil évakue'ert. Sie wössen also iewer, wo' d'Preisen leien a rechnen matt der Eventualite't, daß d'Operatio'nen könn'ten bis heihi verläfen.“

Hie gét nach émol duerch all Zömmeren, iwerlét e Moment, op en sech nött soll hier verstoppen, oder vleicht russesch Zivilkléder undin. Mé e verwerft dé Gedanken, well e muß unhuelen, dass en vun de Russen dach duerchkuckt ge'f gin, fir e Spio'n gehåle geng.

Hie gét nés an de Stall, gött den De'eren nach eng Portio'n. Dann tröit en aus dem Stall, zidd d'Dier hannerun sech zo', dre't sech öm an erschreckt.

Eng ongeheier Mass vu Mönschen bewegt sech den Hiwel erôf op d'Duerf zo'. Mann wider Mann gin se, we' eng Mauer, de' ké kann duerchhriechen. An der blécher Wanterloft liechten hir kriegeresch Gesichter önnert, dém onhémleche Casque, hir Feischt pàcken fest öm d'Gewier.

De Jong huet we' e Blötz en Nueschnappech aus der Täsch, wenkt, wenkt, gét gro'ß opgeriecht op se duer. Elo gött en

erbleckst. Eng Uerder erklenkt, de' zwo' drei Sekunden sech vu Reih zu Reih fortplanzt, da fälen, we' dohinner geme't, d'Leit an de Schne', d'Secherongen sprangen eröm. Onbeweglech leien d'Leit a luessen mößtrauesch eriwir op d'Duerf.

Den Timm bleiwt stoen, wenkt viru mam Schnappech. Du hieft sech doiwer eng Hand, wenkt him eriwir.

O'ni Härzklappen gét hien dohin, an d'Gefängenschaft. Hien erklärt engem Offize'er matt sengen honnert Wieder rus-sesch, de' en op sengen Touren als Chauffeur gele'ert huet, seng Situatio'n. Matt ville Gesten önnerstötzt en seng Ried. An ömmer weist e mam Daum op sech a sét: Germanski, a röselt de Kapp we' wann en sech ge'f schudderem. De Ruß frét, op e Waffen ge'f droen. Den Timm sét jo a weist op seng Täsche. De Ruß stét op, föscht de Revolver an d'Messer eraus, täscht e ronderem of. Da wenkt e befriddegt mamm Kapp. Zwé Mann kre'en d'Uerder fir am Duerf nozekucken. Sie kommen allen zwe'n gesond erem a mellen, daß alles nach klappt.

Du gesin se endlech an, dass den Timm et e'erlech mengt. Den Offize'er, dém an dér Zeit den Timm mat viller Me' erklärt huet, dass e ké Preiß ass, mé aus engem neutrale Land, dém seng Jongen vun de Preise gezwonge gi wären, hier Uniform unzedoen, tappt em fröndlech matt der Hand op d'Schöllér.

E Mann nömmen begléd den Timm no hannen, en Zéchen, daß se him trauen. D'Russen besetzen d'Duerf.

E Letzeburger marsche'ert an d'Gefängenschaft.

Fir hien ass de Krich aus. E jonkt, stárkt Liewen weider bleiwt onser Il é m e c h t erhålen.

UERG STONNEN

An enger klenger Zell an engem Prisong a Rußland tröppelt den Norb op an of. Oh, de' puer Schreck sin huerteg gemäch; mé ömmer nach gét en hin an hier, d'Bén an de Géscht fannen keng Ro'. D'Verlångere wöllt en erstecken an dém enke Raum, wo' alles, eso'guer d'Loft, de' seng Longen brauchen, spierlech ass.

Jo, d'Gedanken an him sin elo vill me' deitlech wo' hien eleng ass an nömmen op sech ugewisen. Doniewent könnt d'Angscht, de' wullt; eng opgerégt Phantasie mólt dem Jong e schrecklechen Do't vir. Mé sei schârfe Verstand, sei gro'ße Wöll,

dén an der hâder preisescher Scho'l nach gewuess ass, lôßen hien ömmer denken : „Elo gött et ké me' zereck, elo héscht et fir dât astôn, was de der agebrecht. Et héscht elo an E'eren um Liewe bleiwen oder an E'eren stierwen.

De Gedanken un den Do't brengt em d'Erönnernong un dât sche'nt Dohém erem, an et ass e gro'ße battere Schmierz a senger Se'l, dass alles eso' ko'm, an daß en eso' weit vun dénen ass, fir de' sein Hierz schle't.

Le'ft klengt Letzeburg, du wonnerbart, wonnerlecht Land, we' könnt ech dech vergießen! Du Land vun den hârtkâppege Leit, wât go'fen an dengem Scho'ß eso' vill Drémer gebuer.

Land, vun dém franze'sch Zeidongen geschriwen hun: „Un pays aux moeurs d'opérettes“, we' war d'Me' em déglecht Bro't och an dir schwe'er. Grâd fir ons jong Leit.

Du bass elo agekrést teschent drei gro'ße Länner, wars an de Jôrhonnerten vun déne verschiddensten Friemen besât, an huess der dach ömmer deng wonnerbar, wonnerlech Egenârt behâlen.

Letzeburg, du hueß ké Militarissem kannt, deng Mammen, deng Pappen hunn ömmer matt Jalo'shét doriwer gewâcht, dass dén denge Jungen erspuert soll bleiwen. An elo, wo' d'Gefôr do ass, verschleckt ze gin vun engem hârde Bedrecker, dé kén Erbârmen kennt, weisen deng Leit eng bewonnerenswert Disciplin, fir iwerall op de' verschiddenste Mane'eren dem Oennerdrecker e Strech duerech d'Rechnong ze mân.

Deng de'f Böscher, Letzeburg, wo' et de Summèr eso' sche'n a friddlech ass, wann de luese Wand deng greng Blieder hémelt; an dénen daks önnert engem Ke'pchen Fiels klôer Quellen spruddelen, we' hun ech se gâr duerchstreift, hiere gesonden Otem a meng Longe gezun, op hiere verdrémste Plätze gerascht.

We' waren deng Wisen, deng Gârden, deng Stecker eso' sche'n! Wât e Genoß iwert d'Felder ze gôn, wann eng reich Fârwesymphonie aus dem Greng vun denge Wiese liecht, an de' he'ch Stiller vum Kâr sech be'en, wann eng möll Brise se kößt. We' d'Wellen vum Mier klunschelen se dann op an ôf a fro'em Summerspill.

E'sleker Héden, wo' den ho'fregen Fangerhutt wiest!

E'sleker Bierger, matt Lo' a Gins bestân!

Sche' Muselge'gend, de' ons e Weinche liwert, dén ons Zonge le'st, de Verstand schârf!

Kleng letzeburger Dierfer, kleng letzeburger Stiedt, ech verlängeren no ärer Gebuergehét!

An no Iech verlängeren ech Letzeburg an Esch, Håptstiedt vum Land. Letzeburg, Gemösch vu kromme Gâßen a wonnersche'nen neie Gebeier. O Stât, matt urâler Traditio'n, Stât, de' ömmer en Hauch vu Romantik aus långvergångerer Zeit duerchstreift!

Esch, d'Härz vun der Arbecht, Håptstât vum Amusement! Du huess wuel keng eso' eng âl Traditio'n we' deng Schwöster op de Fielsen; mé och dû bass voll Romantik!

Du huess de' sche'nste Médercher aus dem Land.

Op d'hârt Brötsch am Eck vu senger Zell le'st onse Jong sech niddere, drémt virun vun dohém.

Meng Mamm, mei Papp, all meng Le'f dohém, ech muß Iech erem gesin. We' war et eso' hémlech an ärer Mött! Oh, firwât muß dât alles sin? Firwât ass d'Liewen grâd fir ons an onsem jongen Alter eso' hârt? Ech kann nött me', ech wöll nött me'.

Dé läschte Sâtz huet en eraus gejaut. Hie stét op, geheit sech op de Buedem, wenzelt sech hin an hier an der Verzweiwlong vu sengem ârmen, jongen Härz. Da sprengt en op, léft nés hin an hier, geheit sech nés op d'Brötsch. Deck Tre'nen pären em d'Bâcken erôf, d'Härz dét eso' we', we' wann e gliddecht Eisen dra stieche ge'f. Hie fündt sei Courage nött erôm. Hien huet duerch d'Plangen, duerch seng Erënnerongen d'Verlängeren geruff. Dât wöllt elo nött me' gôn.

D'hallef Nuecht leit en eso' an enger Peng, de' zengmôl me' schwe'er ze erdroen ass we' de' uergste Wonn.

Wât wössen der vill vun dénen, de' dohém ömmer bei de vollen Fléschdöppen so'tzen, an dénen hirt Härz neischt ânescht begiert we' de Mô ze befriddegen, vun dém onsôbaren Leiden dât des ârem Jongen mattgemât hunn. Et ass de' uergste Peng de' et gött, wann e Mönsch no engem ânere Mönsch verlängert, matt aller Glo's, de' sei jonkt Hierz kennt, an d'Gescheck rappt em sei Wonschbild ewech.

Wann et iever d'ganz Hémecht ass, nô déer e verlängert, ass et duebel schlömm. Zumôl an déne Jongen hirer Situatio'n, de' kaum eng Chance hâten, se erôm ze gesin.

En ass entschlôf a sengem Misär, obschon hie kén Tro'scht konnt fannen. Den iwermitte Kierper frét sei Recht. An den Drâm verfollecht seng Peng hien, le'bt em och do keng Ro'.

Mé de Muergen, dé gro an deischer duerch eng Spleck liecht, geseit onsen Jong ro'eg do setzen, a sei Gescheck ergin. Mamm, Papp, Schwöster, wärt nach, émol gesi mer ons dach erem.

A Letzeburg?

BRE'F AUS DEM PRISONG

Bre'f aus dem Prisong! We' vill go'fen der geschriwen! We' vill Misär leit bál affen, bál verstoppt, we' vill Léd a Verzweiw-long an hinnen!

Hei de' vum Norbert.

We' huet en all Envelopp matt Verlângerem nogekuckt, wann hien s'ofgin huet. Dann duecht en: „Jo, du bass geschwönn dohém! An ech . . . ?

23. 10. 43

An dénen e'schten Dég wärt der elo nött vill me' vu mer he'eren. Wát égentlech lass ass, kann ech Iech elo nött gudd schreiwen. Ech hoffen, dass e barmhärzegen Här-gott mer helleft, des Säch gudd iwerstôn. Mé et muß én dofir stôn wo'fir én sech émel gestallt huet, an dât hunn ech och gemât. A mân et an der Zo'konft och.

Hieft gudde Mudd a bied e we'neg fir mech. Hârt Stonne gin och eriwer. Ech hoffe fest, dass mer ons all nach eng Ke'er eremgesin.

Ären Norbert.

25. 10. 43

Schreiw, ech bieten Iech, mer nött me' bis ech Iech drem froen. Eppes weideres kann ech Iech elo nach nött mattdélen. Awer sieft o'ni Suerg, 't gött keng Zopp eso' wärm gieß ewe' se gekacht gött. Ech hât Pech, mé hu wölles zu menger Säch ze stôn. Gléft fest u mech an u mei gudde Stär. Avuer.

Ären Norbert.

1. 11. 43

Elo ass et jo scho me' ewe' e Joer dass ech vun dohém fort sin. Ech hu villes erliewt an déer Zeit. Dât sche'nst waren de' wonnerbar sche'n puer Dég Urlaub, de' ech an Ärer Mött konnt erliewen. We' oft hunn ech schon dru geduecht, un d'Hémecht an un Iech. Voll Le'ft a voll Verlängerén. We'ni soll ech an der Hémecht Iech erem gesin? Bre'f hun ech scho läng keng me' kritt. Ech huelen un, datt se all zereck gin. Elo kann ech och leider op kén ännferen. Et dét mer léd, neischt vun Iech ze he'eren, mé ech hoffen, daß der Iech keng onnötz Gedanke mâcht.

Elteren a Schwöster, ech hun iech gär. He'ch Letzeburg
Ären Norbert.

18. 11. 43

Den 8. war Verhandlong, op déer ech 5 Joer Prisiong krut. 'T ass elo nach gudd gäng, gesidd der. Fönnef Joer dauert de Krich nött me', an ech si geschwönn dohém. De' puer schwe'er Stonnen, de elo nach kommen, müssen eben iwerwonne gin. Nömmen keng Suerg. Et gét mer besser, we' der vleicht denkt. De Kapp he'ch, könnt och wât wöllt. Ech hu wölles nött me' fir zwé Sou noze gin.

Oh, wann ech nés dohém wier, we' wöllt ech Iech blo'ß Fréd mân. Engem ânere Mönsch Fréd mân, ass dât Sche'nst, wât én op der Welt kann ufänken. Hei sin se nawell weider nött versieß fir engem Fréd ze mân.

Et ass eso', weßt der, et muß én ömmer denken. E Mönsch kritt ömmer dât wât e gären hätt. Ech hätt jo och könne we'meren a kloen a mech de klenge Männchen mân; mé e Letzeburger beckt de Kapp nött virun engem Preiß. An ech wöll e richtege Letzeburger sin. Mir hun läng genuch nô gin.

Färt nömmen nött, mir geschidd neischt.

Geldu, kleng Mimmi, ech kann drop zielen, daß du stârk bass an dech nött önnerkre'e le'B. Ons he's Zeit gét och eriwer an da sin ech geschwön dohém. Awuer.

Ären Norbert.

16. 1. 1944

Mir hâlen hei fest zesummen, mir ârem Derwelen, de' d'Gescheck an eng kleng Häll verschloen. Ech hun zwé Letzeburger hei kenne gele'ert, a mir hunn direkt Bridderschâft geschloß. De' zwé sin we' ech ugeklôt we'nt „Zersetzung der Wehrkraft“. Mir bleiwen nach eso' lãng hei bis d'Urtél bestãtegt ass. Ech kann Iech ömmer nômmen widderbuelen : Mãcht Iech keng Suerg. D'nãchst Joer em des Zeit sin ech bei Iech dohém. Dann ass et sche'n, wann mer owens eso' gemiddlech können zesumme setzen.

Oh, we' gött dât hémlech. Mir können dann zesumme schwätzen, Erõnnerongen austauschen. Gesidd der, da verläche mer des be's Zeit. An dann denke mer gechwõnn nõtt me' drun. Ech wõnschen Iech nach e gesénte Crõscht-dãg an e glecklecht neit Joer. A Fridd wõnschen ech Iech och. Weider neischt we' Fridd. Well, le'f Elteren a Schwõster, ech muß Iech et endlech sôn, ech sin es eso' midd, ech hãtt och gâr Ro'.

Ären Norbert.

Den Dãg vun der Hãptverhandlong kõnnt, dém onsen Held o'ni Bãngen entge'nt geseit.

Seng Pengecher gin sech all Me' fir em all Wuert am Monn ze verdre'en, fir en onsecher ze mân.

Mé fest a secher bleiwt hie bei sengen Aussoen, sicht kén Ableck sech erauszerappen an én aneren dranzegeheien.

Bis dén ongleckleche Moment kõnnt, wo' e Preis him virhãllt, we' hien als Deitschen sech eso' enger Handlong hãtt könne schõlleg mân.

Dest Wuert, dohinnen geworf vleicht o'ni Hannergedanken, sollt dem Norb sei Gescheck entschéden.

An enger Opwãlong vu Roserei, gekrãnktem Stolz, well en deser Schõnnerei midd ass a well hien sei Land õnner kengen Òmstãnn wõllt verrõden, werft hien dohinner :

„Ech sin neischt we' e Letzeburger“. Hie reißt de Portefeuille eraus, weist hinnen e Bild vun der Großherzogin, pucht eng Fãtzchen ro't-weiß-blõ derniewent a jeitzt : „Dât sin ech an dât well ech bleiwen.“

Du wor sei Gescheck besigelt.

Letzeburg hât e Martyrer weider.

An enger Verhandlong e puer Me'nt virdrun war hien matt
en etlech Joer P r i s o n g bestroft gin.

Elo wöllen d'Preisen Bludd gesinn.

E puer Bre'f schreiw't hien nach hém :

10. 2. 1944.

(O'ni Kontroll)

Ech hu scho läng neischt me' vun Iech he'eren, an dir
könnt versechert sin, daß ech no Iech verlängeren. Awer,
„uns geht die Sonne nicht unter“, sangen d'Preisen. Wa se
nun hinnen nie önnere gét, dann ons Letzeburger bestömm't
nött. Well zo' Letzeburg ass se schon ömmer me' spe't
önnergäng we' a Preisen. Ech hunn duerch e Kamerod Ge-
léenhét, Iech e Bre'f zo'kommen ze lößen. Dofir kann ech
och eppes weider schreiwen. Well de' Hären sin empfind-
lech, besonnesch wät d'Wo'recht ubelängt; de' können se
eso' schlecht verdrôn. An dir könnt Iech nött virstellen, we'
ech Loscht hätt, en de' mol eng Ke'er richtig ze soen.

Mächt Iech keng Suerg a sidd fro', dass ech am Kittche
sötzen. Gléft u mech, we' der u Letzeburg gléft.

Ech kommen nés bei Iech. Et dauert jo vleicht nach
e we'nég. Mé émol si mer nés all beienén.

Denkt oft u mech a bied fir ären

Norbert.

16. 3. 1944.

Ech hun haut Geléenhét, fir Iech nés en onkontrol-
le'erte Bre'f zo'kommen ze lößen. Do wöll ech Iech also e
gro'ße, sche'ne schreiwen.

'T ass nött, dass ech extra vill Neits wéß, ma ech wöll
méch dach matt Iech emol eng Ke'er richtig ausschwätzen.
(Oder sét én ausschreiwen?)

Mir gött d'Zeit hei nött läng, well wir sin zo' vill. Ganz
vill gebild Leit sin hei : Offize'er, Doktren ass.

Matt mir ass et eriwer, matt mir schäfen se neischt.
Ech si „stur we' e Parzer“ (dât ass dach hiere Sproch), an
ech denken ömmer gär um Goethe sein Goetz vu Ber-
lischingen.

Sollen dann de' sche' Stonnen bei Iech an der Hémecht nött können erem kommen? Ech wär dach eso' gär bei Iech. — Nun, wât verzielen ech do! Ech wöll Mudd a Kräft hunn. Hieft dir se och. Well et dauert nött me' läng a mir si frei. Hoffentlech ass et geschwönn eso' weit. Well zevill läng därf et nött me' daueren.

Ech mengen, well soss engem d'Zeit zevill läng ge'f gin. Nömmen ké gefärt. Dât ass e schlechte Letzeburger, dén a schwe'erer Zeit de Kapp henke le'ßt. Nach eng Ke'er: Bied fir mech. Ech wöll desem Bre'f all gudd Wönsch, all meng Le'ft a mei Verlängerer beiléen. Wann hien Iech errécht, gesitt an him é vun déne läschten Messagen vun ärem Jong an der Gefängenschaft. Dono gét et besser.

Awuer meng le'f Leit dohém, awuer, vergießt mech nött, mir gesin ons jo geschwönn erem.

Ären Norbert.

9. 4. 45.

Le'w Mamm!

Ech hoffen, daß du haut um sche'nen O'schterdäg me' e gro'ßen Ausbleck huess we' ech.

D'Fönsterchen ass kleng a menger Zell.

Mé gléf nömmen nött, daß ech de Kapp henke lößen. Ons gét d'Sonn nie önnere, we' se Letzeburg nie önnere gét.

Ge'f se dach och fir mech nés geschwönn am klengen Ländchen schengen, wo' alles eso' sche'n an hémlech ass.

O Mamm, wât fir onhémlech Geschecker musse mir Jongen erdrôn!

Dein Norb.

Bre'f aus dem Prisong, we' hutt der getre'scht, a we' hutt der we' gedôn. Tre'nen hunn äre Pabeier benetzt, är Schröft verwöscht. Mé dein Uendenken zu Letzeburg, Norbert, ass nött ze verwöschen, duerfir suergt e Leidensbrudder.

E puer Wochen drop kritt de' selwecht letzeburger Mamm, de' dese Bre'f geliest, en âneren:

—O. U. 26. 4. 44.

Das gegen den Grenadier Norbert . . . wegen der von ihm begangenen Straftat, am 12. 2. 44 vom Kriegsgericht auf Todesstrafe erkannte Urteil ist, nach Bestätigung durch den zuständigen Gerichtsherrn, am 18. 4. 44 vollstreckt worden.

Todesanzeigen oder Nachrufe in Zeitungen, Zeitschriften und dgl. sind verboten.

gez. Klassmann (Kriegsgerichtsrat).

Letzeburger! E vun äre Beschten ass nött me'. Bied fir hien! Behält em e sche'nt Udenken!

E KENGEN REFRACTAIRE

D'Kompanie leit a Ro' ongefe'er 18 Kilometer hannert der Front. De René an de Jäng sinn do als Letzeburger eleng. Do könnt de' Uerder nés: „Fertigmachen zum Einsatz!“. De Jäng an de René bekucken sech: „Haut oder nie“, sét de René. „Wann ech des Nuecht iwerstinn, sin ech an zwé Me'nt dohém.“ „Du bass geckeck“, äntwert de Jäng, „gléw mer es, ech hât och schon dru geduecht, mé et gét eben nött. 'T ass ze weit. Stell der de' Rés vir, et sinn bâl 3 000 Kilometer bis hém.“

„Gés de matt?“ frét de René fest.

„'T gét nött!“

„Da gin ech eleng. Awuer!“

Sie réchen sech d'Hand.

Da marsche'ert d'Kompanie un d'Front.

Sie gin hannert engem gro'ßen Hiwel an Deckong a wården.

D'Nuecht ass ro'eg mé kâl. Keng énzeg Granat krep'e'ert.

Et ass d'Ro' virum Stuerm.

De René leit eso' e 50 Meter vum Jäng ewech. 'T ka kén dén ânere gesinn.

Lues gét d'Nuecht eriwer, a muerges an der Dämmerong gét et lass. Russesch Artillerie strét eriwer. An e puer Minutten huet d'Kompanie iwer 20 Verloschter.

'T héscht sech agruewen. Mé et sin nach keng Dose Spuedstech gemât, hält d'Artillerie op matt sche'Ben.

Virsihteg marsche'ert d'Kompanie nach 800 Meter weider a besetzt o'ni Schotz e verlôbent Duerf.

Spähtrüppmelder soen, d'Russesch Infanterie leit nach 1 km ewech a gudd ausgebaute Stellongen.

Grâd sammelen d'Preisen sech fir nach e puer honnert Meter firzesto'Ben, du donneren aus der Loft russesch Rata. We' iweggroß Geieren sche'Ben se erôf, feiern matt hiere Maschinegewierer, léen d'Bommen so' ze soen op d'Heiser an op d'Leit. Ganz riecht sto'Ben se nés an d'Lucht, dre'en eng Schleif a sche'Ben nés erof. An hir Besatzong ass o'ni Erbârmén. De René gött vum Loftdruck widdert eng Mauer geheit a verle'ert minuttelâng d'Besönnong.

We' en nés zo' sech könnt, ass den Ugröff eriwer, an e puer Iwerliewend sin am gâng dât vun hire Kamerôden zesummen ze râfen, wât se nach fanne können. De René bleiwt e puer Sekonde leien a kuckt sech nom Jäng öm. E kann dé ne'erens fannen. Also dann héscht et elo eleng de gefe'erlech Rés önnerhuelen.

Lues a virsechteg schleicht en sech aus dem Duerf eraus, bleiwt e puer Stonnen bâl onbeweglech leien. 'T gött möttes drei Auer. Weit dohannen ass d'Lucht nach ömmer voll russesch Flieger, an de Jong ka sche'n nokucken we' se erofsto'Ben an önner d'Autoen an d'Zaldôtekolonnen feiern. Schrecklechen Duscht pengecht en, mé d'Feldfläsch ass eidel. Hongerech ass e nött. Dât ass gudd, well e Ve'erel Speck an e verdrechent Steck Kuch aus dém e'schte Pâk ass alles wât hien am Bro'tbeidel huet. E schleicht nach e Kilometer no hannen, d'Nues ömmer de'f um Buedem. So' virsechteg ass e soss nie no vier gekroch.

Da mecht en, daß e vum Wé ewech könnt dén „d'Kradmelder“ an d'Colonnen benotzen.

Hie riecht sech op a marsche'ert zereck. Eleng an der russescher Stepp, de' verschneit a we' o'ni Enn sech brét.

En zidd ömmer me' vun der Richtong of, de' se komm waren, an errécht no 3 Stonnen Marsch en Duerf. Virun dém hält e fir d'escht Rascht a lüst schârf wât e vu Preise ka gesin.

Mé we' en och kuckt, vun eso' engem ass keng Spuer. Virsech-
teg betröht en d'Duerf. Op all Heiser si Schölter ubruecht, op
dénen é ka liesen: „Eintritt für Soldaten streng verboten“. Mé
wät ass bei hinnen nött verbueden, denkt de René, gét an dāt
e'scht Haus a frét sech Wässer. E gött zwar bekuckt we' e
klengt Wonner, mé hie kritt wät e verlängt, an dāt ass-d'Häpt-
säch.

Dono gét et, natierlech ömmer weit vun all Strôß, Wé a
Rollbunn, weider no Westen.

Bis ge'nt den Owend marsche'ert en eso' iwert verschneite
Felder, fällt hei an eng Kaul, tröllt do iwert eng Knupp an er-
récht endlech eng kleng Städt.

En emgét se ganz bis en de' Seit op e Schinnestrank ste'bt.
Dém gét en no. Gro'ß opgeriecht, mamm Gewier an der Hand,
we' wann en d'Eisebunn ge'f bewächen. Eso' marsche'ert en op
d'Gare, dét trotzdem ömmer uecht, dass ké Preiß e geseit.

Kaum ass en an der Gare, du gött de' och vu russesche
Rata ugegraff, dénen onhémlechen, schwe'eren Maschinen, de'
d'Preisen „fliegende Fässer“ gedéft hun.“

An en Eck widdert eng Mauer gedreckt leit en, erwärt matt
deckem Härz der Do't. A ronderem hien krächt a bascht et, e
schreckleche Chaos vu Feier, Buedemfontänen, Splitter an Ex-
plosio'nen. Schinnen fle'en doruechter, be'en sech we' Gummi,
zerbriechen we' Fixspe'n. En Trichter brét sich niewent dém
äner. Eisen, Holz a Steng fle'en duerch d'Loft.

An d'Mauer niewent déer onse Jong leit, hält. Hien ôtemt
op, den Ugröff ass eriwier.

Dono kuckt e nés, dass e vun der Gare ewech kennt, well
iwerall erschengen Uniforme'ertes, schaffen, raumen, komman-
de'eren an te'nen. Deck voll gro'ßer Wierder huelen se de Mond,
an hier Löpsen sin dach nach bléch vun Angscht.

„Ass de' Natio'n dann nött nidder ze kre'en“, denkt de René.

Owes, we' et schon deischer ass, schleicht en sech nés an
d'Gare. Op engem Gleis, dāt vum Ugröff verscho'nt bliwe wor,
hält en Zuch. D'Lokomotiv ass önner Dampf. De René tröppelt,
d'Gewier mane'erlech geschöllert, lānscht den Zuch, bekuckt
sech d'Wagoen. Op engem kann en entziffern: „Nach Smo-

lensk“. Et stét matt Kreid op enger Dier. Lauter Ve'wagoen sin et, mé Smolensk, dát wier schon e gudd Steck me' no bei der Hémecht.

Dohannen gött e Militär d'Zéchen fir den „Départ“.

Also nött läng beduecht: D'Dir vum zwétläschte Wagon opgeraß, eragesprongen an d'Dir nés se'er beigedréckt.

An der Deischtert, de' am Wagon ass, dreckt en sech an en Eck an d'Stre'. Ôtemt lues an onro'eg.

Lues Gewe'mers mengt de René ze he'eren. Sin De'eren oder nach Leit am Wôn? Am le'fste geng hie jo e Fixspo'n ufänken an nokucken, mé en ass nött eso keng. Fir dát, wât hie virhuet, ass Virsiecht, jo bâl ängschtlech Virsiecht allerhechst Gesetz.

Eso' dreckt en sech nach me' zesummen an sein Eck a verhält sech ganz ro'eg. Vu weitem verhält lues a lues d'Gehummers vun der Front. D'Rieder vum Zuch klapperen monter iwer d'Schinnen. Hieren aschle'fernde Rhythmus mecht seng Schöllegkét.

Trotz Kélt an Honger, trotz Gefôr erwöscht ze gin, entschle'ft dest letzeburger Kand de'f a fest, an dé rabbelege Wagon we't et an Drém, de' sech zo' Letzeburg ofspillen.

En éklege Geroch no faulem oder verbranntem Flésch dét en erwechen. En erschreckt. E Mönsch bröllt wöll op, en he'ert e Gerachels. An de' Seit an dém âneren Eck sét én: „Der ist hin.“ Onsem Jong gött et ômmen me' onhémlech. En dreckt sech me' fest nach an sein Eck, enttompt, erwächt nés duerch Gewe'mers a Gebrölls.

Zu sengem gre'Bte Schreck geseit en we' et muergen gött an e we'neg hell am Wagon, dass en matt lauter Schwe'erverwonnter gefuer ass; zwé Do'decher leien önnert hinnen.

Hie lét sech och duer a we'mert; 't fällt kengem op, dass hien nött zu hinne gehe'ert. Egentlech ass hien och verwondt, well seng Féschte sin vum ville Marsche'eren opgebascht a sin op de Suelen é re't Flésch.

Mé heibleiwen kann en nött, well e jo keng Begleitpabeieren huet, an d'Preisen vleicht schon no em sichen. Bestömmt kann hie jo nött wössen, op hien do't gegléwt gött oder nött.

De René sprengt also op, ass matt engem Sätz bei der Dier, reißt de' op a sprengt an d'Gleis. En ass zu Smolensk, wo' en sech zimmelech auskennt, well e schon e püermôl hei war.

Natierlech hält en sech vum Statio'nsgebei ewech. Hie klôtert ongesinn töschent Wagoen a Gerömpel erduerch an errécht e Städtél op dér ânerer Seit vun der Gare.

'T ass Sonndeg haut, mé fir onsen Held ké sche'nen Dâg. Seng wond Fe'ß wölle en kaum nach droen, an 't ass dach ere'scht de' e'scht Etappe vun enger großer gefe'erlecher Rés.

Mé de Lo'n, dén him wenkt, ass nött ze deier. Et héscht dach, de' sche'n Hémecht eremzegesin, seng Elteren a Geschwöster an en treit Médchen. „Entweder oder“. Du muß et packen oder op dem große Wé zesummebiechen. Du muß hém, wo' d'Ro' ass, wo' d'Gleck wenkt.

Verstoppt an engem ausgebrannten Haus sötzt hien, de fe'wrege Kapp a be'd Hänn gesteipt. A we' en hellegt Versprieche, dát en sech selwer an der Hémecht gött, sét eng Stömm an him: Du göss nôt no. Dierfs nie schwäch gin. Du muß et er'échen. 'T ass neischt, iewer och glâd neischt onme'glech.

Wien hätt dát geduecht, daß et och Letzeburger Jungen gef', de' eso' voll Mudd stiechen. De' an dénen schwe'erste Stonnen vun enger onbänneger Energie bese'lt sin, de' Schwierigkéten nômme gesinn, fir se ze méschteren. An o'ni drop gescho'lt a gedrillt ze sin. Sie sin eso', well se so' gebuer go'fen, well et Letzeburger sin. Dem René go'f et gelo'nt. Hoffentlech och dénen âneren. Möttes schleicht en sech nés an d'Anlagen vun der Gare eran. No längem, me'vollem Sichen, well e jo nött diërf gesinn ze gin, fündt hien en Zuch. D'Lokomotive ass schon önner Damp. Op de Wén stét iwerall Gommel. Si sti voll Autoen.

Helm, Gewier a Koppel verstoppt en an engem Auto a mecht sech dann op d'Sich nô Wässer. Mé weit kann en nött goen a fündt ként.

Trotz der Kélt quält en onbärmherzegen Düscht de Jong, dén sech bei seng Sâchen am Auto verstoppt.

Vun Ufank vu senger Rés un bis elo huet hien nach neischt gieß. Elo beißt en émol a sei Kuch, émol a sei verschömmelte Speck a weckelt alles nés suergfâlteg an.

Den Zuch fiert un, mé zu sengem gre'ßte Schreck muß de

René gesinn, daß dén e gro'ße Bo' mecht an déselwechte Wé zereck fiert, dén hie komm ass.

E bleiwt verstoppt bis den Zuch aus der Gare ass.

Dann höllt en seng Sächen a wärt op eng Geléenhét, wo' en vum Zuch ka sprangen. Mé dât ass nött eso' einfach. Hie muß gené ofwården bis d'Geschwöndegkét vum Zuch e we'neg nole'ßt.

E sprengt gudd, mé wé' en op de' bluddeg Fe'B opkönn't, duerchstecht se eng fierchterlech Peng, an de Jong brecht nie-went dem Schinnestrank zesummen.

We' en erwächt, ass et Nuecht. Seng Glidder si steif. E kann zum e'schten nött me' goen, schléft sech um Bauch de' e'scht honnert Meter zereck.

Hei leit en matt futissen Fe'B an der russescher Stepp, mudderse'len eleng. A we' soll hien hém kommen?

Endlech ass en eso' weit, daß en sech nés op d'Bén stelle kann. Lues a me'se'leg hippt en de Wé rem zereck.

An der Stâdt ukomm, gét en an e russescht Haus an héscht sech eppes z'ießen. An d'Leit gin et gär. O'ni ze frôen hun se verstân. Sie gesinn, daß dât do kén ass, dé fir den Hitler wöllt stierwen, mé dé fier seng Leit dohém wöllt liewen. Matt engem Transport vu futisse Panzer gét et op Minsk, an zwar an engem vun de Panzer verstoppt. Vun hei aus gét et a Kokswén, daks och önnert de Wén verstoppt, bis op Warschau.

Rußland leit scho lâng hanterun him, en ass an der Hâpt-stâdt vu Polen. Mé d'Fe'B wöllén nött me'. E kann sech kaum nach schléfen. E verstoppt sech an en eidle Wagon an önnersicht de' ârem Fe'B. D'Strömp hânken nömmen eso' a Fatzen. De' zwo' Féschten si ganz duerch, bluddeg a voll Eter. Mé op all Suel sin och e Puer Lächer, de' giel emrandt sin.

So' kann et nött me' weider gon.

Huerteg kuckt de René iwert de Rand vum Wôn, geseit ké Preiß nött weit nach no. D'Strömp geheit en ewech. Dét schnell

sei Paltong aus, de Pullover an d'Hiem. Dât reißt en a Stecker, verbönnt matt de Fatzen d'Feß. Dann dét en sech se'er un a gött sech op d'Sich fir eppes z'ießen ze kre'en.

E schleicht em eng Range'erbud, émol, zwémol, dreimol ronderem. Da fâßt hien en Härz a gét an.

'T ass ge'nt den Owend. Beim Schein vun enger Petrols-luecht sötzt e polneschen Eisebunner a rächt eng Zigarett. E kuckt nött gräd fröndlech, we' en sei spe'de Gäscht gewuer gött. De René sötzt sech bei hien a fänkt matt senge puer Wuert pol-nesch a russesch e Gespre'ch un.

Frét dann eso' niewebeí op en nött könnst e Maufel z'ieße kre'en. Dén áner bekuckt e lãng a réage'ert nött drop. Du erzielt de René e wãr e Letzeburger a soss neischt.

Du gött de Mann gleich me' fröndlech, greift a sei Scheff-chen a récht em eng zolitt Botterschmier.

De René ößt d'Halschecht, versuergt de' áner Halschecht a sengem Bro'tbeidel.

De' zwé kommen ömmer besser an d'Gespre'ch. D'Möb-trauen ass gebrach, an d'Eisebunner (de René ass och én), si jo ömmer gespre'cheg.

Elo bekuckt en sech dem Range'erer seng Schong a fündt, daß de' égentlech guer nött schlecht ausgesinn. An dénen ge'f et sech bestömmt besser marsche'eren we' an déne schwe'eren Stiwwelen.

Nömmen probe'ert. Mane'erlech froen kann én ömmer. De Mann ass es schle'blech zefridden, an de' zwé mâcheft den Tosch.

De Mann sét em nach we'ni en Zuch op Lodz ge'f fueren, weißt em wo' e stét a we' en sech soll verstoppen. An de René hât dach neischt dervun erzielt, dass en déserteur wãr. Et muß én sech wonneren, we' se'er d'Leit sech verstãn hunn, wann et gehéscht huet, én dém áneren ge'nt de Bedrecker ze höllefen.

Zu Lodz spaze'ert onse jonge „Kriger“ d'Gewier geschöllert d'Range'ergleiser op an ôf. Op émol höllt en an uecht, dass e Bahnpolizist em iwerall no könnst. Kãle Schwéß könnst em op d'Stier. „Elo mißt dén der d'Pabeire froen; da bass de geliwert. Mé nömmen keng Oprégong. Fortlãfe gét nött, da verre'ds de dech direkt an alarme'ers d'hallef Fahndungspolizei. Elo héscht et kãlt, eiskãlt Bludd beweisen.“

De René dre't sech öm, gét gemiddlech op de Bunnpolizist duer, sét em gudde Moien, a wöllt ufänken matt him ze spröchen. Et ass en âle Mann.

Mé dé le'bt em nött vill Zeit, frét seng Pabeieren. De René grâd eso' ro'eg weist em sein Soldbuch an erzielt, e wär matt engem Transport heihi komm an hätt seng Trupp verluer, an e géf versichen se elo erem ze fannen.

Dén âle Mann bekuckt en eso' drôlech, sét hie mißt e jo égentlech matt op d'Kommandantur huelen, iewer de' wärend gleich eso' mößtrauesch a ge'fen eso' vill Gedéssems mân. A wann én nach eso' jonk wär we' de René könnt engem schon émol eppes eso' passe'eren.

Dono tröppelen se nach eng Stonn zesummen op an of. De Mann erzielt him nach, de' vierecht Woch hätten se an deser Gare en déserteur festgeholl. „Et soll én et nött fir me'glech hâlen,“ sét de René, „mé déer Typen gött et och.“

Da kuckt en, daß en senger Beglédong laß gött.

Owes em élef Auer klömmt en op en Zuch, Richtong Preisen. De Mo kno'tert, an de Bro'tbeidel ass eso' huerteg eidel.

Oh nömmen eng dreche Kuscht göff én dem Jong! Hie kann nött me'. E muß all Ableck vun Honger, Middegkét an iweggro'ßen Nervespânongen zesummebrieche. Mé wien soll höllefen?

Me' do't we' lieweg fündt de Muergen hien.

E Bleck an den Täschespiegel déet en erschrecken. Dât do, dé bléchen, go'rechen, onrase'erte Schellem kann de René dach nött sin.

Nuja, wann et sei Gesiecht nött me' ass, d'Härz an der Broscht an de Wöll am Gehier sinn nach ömmer de'selwecht.

En ass elo an Deutschland a muß allerhand oppassen. De' preisesch Eisebunner bekucken hien eso' gelungen, wann se senger eso' eleng op engem Wôn gewuer ginn. Mé hie mecht ömmer, we' wann e bei iergendeppes Wuecht ge'f stôn.

Mé op d'lång Weil fâlen se all vleicht nött dorop eran. Op enger klenger Gare klömmt de René eraus, verstoppt sech an engem Wagon an engem Verschiebebahnhof an erwärt eng bes-

ser Geléenhét. De' fündt en a Form vun engem Miweltransporter, den no Breslau beschriewen ass. Önnert dem Miwelwôn ass eso' eng gro'ß Köscht fir allerhand Geschier opzehuelen, mé si ass eidel.

De René klömmt dran, lét e Stek Holz töschent de Klappdeckel a bleiwt ro'eg leien,

No ve'er Stonnen bänger Erwârdong gött de Wôn ugekuppelt. Hin an hier gött e manövre'ert, a schle'blech verre't de monotone Rhythmus vun de Rieder, daß et endlech weider gét.

Et ass wuel secher an der Köscht, mé we' onkammo'd iewer och! Onse Jong entschle'ft, a we' en erwächt, huet en schreckleche Kappwe', de Mô kno'tert, et ass em so' schlecht, datt e menge muß, e ge'f stierwen; mé d'Spill ass gespillt, d'Wierfele si gefall.

Et gött em schwârz a ro't virun den Aen, den Honger schneit em an d'Treipen, mé z'iessen ass neischt do. Mé seng Stopp ass secher. D'ganz Nuecht an dén ânere Muergen gét eso' eriwert. Op émol höllt de René, dé schon hallef do't ass, anuecht, daß den Zuch guer nött me' weider fiert, daß sei Wôn nés hin an hier manövre'ert gött.

Op engem Stellwierk geseit e Breslau stôn. E streift duerch de „Güterbahnhof“, an dém en no villem Sichen e Wäschraum fündt, an an dém sech zum Gleck an diesem Moment kén ophält. E rase'ert sech eso' gudd et gét, drechent sech matt de Räschter vu sengem zerrappten Hiem ôf.

De' bluddeg Fe'ß gin och geplätscht. Mé we' en d'Schong nés wöllt undinn, muß e gesinn, daß dât nött mé' gét.

Me' we' eng Stonn sötzt en do ze wârden, ömmer ängscht-lech op ké soll era kommen.

Endlech sin d'Fe'ß eso' vill ofgeschwollen, daß es matt knapper No't d'Schong kann undinn.

E kann nach kén Zuch fannen, also héscht et endlech eppes fir z'ießen siche goen. Mé an d'Stâdt traut en sech nött, an hei an der Gare ass et schwe'er eppes fannen.

No me'vollem Sichen fündt den hallef erhengerten ârmen Deiwel endlech e puer Wagoen matt Gromperen. Du stecht en sech d'Taschen an de Bro'tbeidel voll.

E gét no enger Transportme'glechkét kucken a fündt schle'blech de Miwelwôn erem, dén un en Zuch fir Dresden

gekuppelt ass. Hallef do't vun Honger a Middegkét klömmt en nés a seng Köscht.

En höllt eng Gromper no dér âner, fönnef oder sechs Steck, beißt dran, wiergt a schleckt bis se doönne sin.

Gromperen ass gudd fir de' ârm Leid, soen der vill heihém, mé gesidd der, re' Gromperen ass fir de' ganz reich, fir de', de' me' reich un Energie sin, we' eng Dosen verschidden ânerer, dénen alles gudd genuch ass, wann et héscht eppes duerchsetzen, wât se sech émol virgeholl.

Dér ganz reicher én war de René.

3 mol 24 Stonnen dauert des Rés. Als Logis eng eidel Geschierköscht, als Ießratio'n zwo' Dosen re' Gromperen. An hei an do eng Schlupp Wâßer derbei, wann den Zuch e puer Stonnen an enger Gare hält.

No drei Dég ass onsen Held zo' Dresden a muß nés eraus klammen, fir sech no enger ânerer Fuhrgeléenhét emzekucken. Hei geheit en och endlech sei Gewier ewech, well dât eso' vill hönneret. Op en Wagon matt âlem Eisen geheit en et. 'T ass fir hien och weider ké Risiko, well en et och schon an der Kasär verwießelt hât an nött dât war, dém seng Nummer am Soldbuch agedroe war.

Em 9 Pond me' liecht begött en sech voll Courage an nei Aventüren.

Ge'nt den Owend fündt en en Zuch no Leipzig. Mé e fündt, daß et vun hei nach weider matt der Eisebunn ze fueren zevill riske'ert ass. An der Gare wimmelt et nömme eso' vu Bahnpolizei a Wehrmachtstreifen. Well de René ass nött dén énzegen déserteur.

Zo' Leipzig streift en duerch d'Stâdt no eppes Ießbarem sichen. Mé de Pech bleiwt em op de Fieschten. E kann neischt opdreiwen, o'ni Geför sech opfälleg ze mân.

Manum Zuch gét et nött weider, also muss en sech no enger ânerer Transportme'glechkét emkucken. E streift doruechter we' e Gangster, dén no enger Geléenhét sicht, d'Fangeren läng ze mân. Mé de René mecht se nött läng. Hie mecht se kromm. An zwar em e Guidon vun engem Velo, dén an engem Hausgank stét.

Hie fe'ert e ro'eg eraus, setzt sech drop a fiert lass.

Richtong Weimar.

Et ass scho läng hier, dass hien en uerdentleche Maufel önnert den Zänn hät. Dât mecht sech natierlech elo fame's bemierkbar. Hien dre't d'Pedallen fonderem, o'ni Gedanken, mechanesch, fällt matt Zeiten vu Schwächt bâl vum Râd.

No etlech Kilometer könnst en an en Duerf a kritt do no villem Biedelen vun engem decke Bauer eng Gebéßeschmier.

De' esst e matt engem Appetit, we' én en nömme kann hunn, wann én me' we' hallef erhengert ass. D'Tre'nen läfen em lânscht d'Bâcken we' en se verziert, vu lauter Gleck, émol nés können z'ießen.

Dono setzt en sei beschwe'erlechen a gefe'erleche Wé weider fort. De Kapp iwert dem Guidon, pedalle'ert en virun.

Lues a lues bleiwt é Kilometerstén nôm âneren hannerun him. Viru Weimar, no 80 km Trajet, hält en.

'T ass schon Nuecht. An engem Ve'schapp um Feld schle'ft en. O'ni en Drâm ass sei Schlôf. Schwe'er we' blei seng Glidder.

D'Sonn stët schon he'ch um Himmel, we' en sech drugött seng zwët Etappe per Velo unzetrieden.

D'Râd ass e richtige Schlidd. Et léft zwéspureg an ass eso' schwe'er we' nômmen de' preisesch Ple' könne sin.

Mé de Wöll ass me' stark we' d'Kne'en. En zwengt se ömmer an ömmer nach eng Ke'er sech ze steipen, d'Pedallen ronderem ze dre'en. Emol me' lues, emol me' fest, iewer onverreckbar Meter em Meter der Hémecht me' no.

De' ass sein Ziel, de' muß en erréchen.

Acht Dég fiert onsen Held eso', bezwengt Kilometeren, Middegkét, Duscht an Hunger.

Wann hien nött me' kann, mecht en eng Rascht, fiert no e puer Stonnen Schlôf nés weider. Hei kéft en sech eppes fir ze drenken, do erbidelt en sech eppes fir z'ießen.

Hie fiert nuets oder am Dag, we' et grâd am beschte gét.

Fiert an acht Dég iwer Weimar, Erfurt, Eisenach, Wiesbaden, Ems a könnst schle'blech zu Koblenz un. An der Nuecht, e'er en do ukönnst, fällt e vum Rad a verstaucht sech de' recht Hand. E kann se kaum nach gebrauchen. Sei Gesiecht, dât en

am Täschespiegel bekuckt, ass nömme me' Haut a Schank. Seng Fe'ß dôn so' we' daß e nött me' kann drop stôn. '

Muerges rase'ert en sech, range'ert seng Kléder eso' gudd et gét a fiert zwo' Stonnen drop zo' Koblenz an.

Iwerall wimmelt et vun Öffize'er an ònsen arme Schellem muß sech dichteg zesummereißén fir sech virschröftsme'ßeg ze behuelen. Nömmen nött opfálen ass d'Parole elo nach me' we' virdrun.

Lues fiert en duerch Koblenz, könn't kuerz derno an e klengt Duerf. E spiert, elo ass de Moment do, wo' et nött me' gét. Eng Rascht, eng richtig Rascht muß en elo aléen. Et ass riske'ert, wât de René elo virhuet, mé et wärt scho goen. Sei gudde Stâr, dén em schon eso' lãng geliecht huet, wärt en och elo nött verlôßen.

Hien gét an e klengt Heischen an. Eng popper Frächen empfãnt en. Hie mecht nött vill Gedéßems a frét, op en neischt z'ieße könn't kre'en. D'Fra bekuckt e vun uewen bis ònnen, rôselt émol de Kapp, brengt em dann eng Schmier, iwert de' de René sech hier mecht.

Sie frét en, op en op Urlaub geng, an de René äntwert, oh hie ke'm aus Rußland. D'Fra bekuckt en nach eng Ke'er a sét dann, majo sie ge'f Beschéd wössen.

Elo huet de René Mudd an zielt vu senge we'e Fe'ß. D'Fra bringt eng gro'ß Bietchen matt wärmem Wãßer. Hie plätscht d'Fe'ß eso' gudd et gét. D'Fra schle't d'Hänn um Kapp zesummen, we' se de' Wonne geseit. Suergfãl'teg drechent se him s'of a verbönn't em se.

An de René ro't sech fir d'e'scht op senger gefe'erlecher Rés aus an engem richtigem Haus.

Möttes ko'm de Mann, dén och Eisebunner war, hém. Seng Fra erzielt him alles an hien ass och fröndlech a féin.

De' zwé gin aus a berotschloe lãng. Schließlech gin se sech éneg fir dem René Kléder a Geld ze gin fir hém ze fuhren.

Mé grad we' hien en Iwermôß vun Energie gewiesen huet, eso' weist en och elo eng wonnerbar Virsiecht.

Hie sét guer nött, daß e Letzebuerger ass, sét hie ge'f op Tre'er fuhren, verre't och sein Numm nött. A sét, e ge'f d'Kléder vleicht émol erem brengen. Dorop äntwert de Mann, dât soll e ro'eg si lôßen. Hie soll sech et gudd goe lôßen, em d'Rad an d'Uniform ge'f hien sech selwer bekômmeren.

Nach e puer Schmieren höllt e matt op d'Rés. An e Letzebuerger, dén alles mecht fir ké Preiß ze sin an hinnen nôt ze höllefen, geseit sech elo verflucht hierer zwé fest d'Hand ze drecken an hinne merci ze soen.

Et ass eng Sönn an eng Schân, dass et doiwer eso' Leit nött e puer Dausend go'f. Da wär de' âner Clique bestômmt nôt opkomm.

Zo' Moselweiß höllt en den Zuch fir op Tre'er. Do kritt en én em halwer élef fir op Letzeburg.

Viru Wasserbölleg könnt d'Kriminalpolizei d'Päß revide'eren. De René gét duerch de ganzen Zuch zereck bis an den ieweschte Wôn, reißt d'Dir op fir eraus ze sprangen. Mé den Zuch fiert ze se'er, et ass onme'glech. E puer Minutten voll Angscht verginn, du léft den Zug zo' Wässerbölleg an. De René we' e Blötz eraus, gét lânscht de ganzen Zuch a klômmt nés hannen drann. Hei sin d'Kriminal scho passé'ert. Matt klappendem Hârz stét en am Couloire..

Den Zuch ass op Touren.

Hie jauwt dohin Meter fir Meter bis op Letzeburg.

Dem Jong kommen d'Tre'nen an d'Aen vu Fréd a vu Gleck.

Hien ass dohém, hien huet et gepackt.

Dât Onme'glecht me'glech gemât.

En ass trotz Honger, Middegkét, fuisse Fe'B, trotz Polizei, Feldstreifen, Gestapo an eso' weider hém komm. Mötten aus der Front an de Fridden. Vu Witebsk bis op Letzeburg.

Hie ge'f sech am le'wsten op de Buedem geheien, dé sche'nen, gudden Hémechtsbuedem kôssen. Mé nach héscht et uecht-doen.

An der Gare, wo' hie jo lâng geschafft hât an all Wé a Sté kennt, gét en teschent allerhand Wén zo' enger Autoeinfahrt eraus.

Duerch d'Nuecht tâscht en sech Schrött fir Schrött virun, ômmen um „qui vive“ daß ké Polizist e geseit.

An hien huet Gleck we' ômmen.

Onbehellegt errécht en sein Hémechtshaus. Hien huet et gepackt. Seng gefe'erlech Rés ass eriwier.

Ass dât eng Léschtong oder ass et keng? Ech mengen, et kann é soen, daß se wonnerbar war. Well herno huet et sech erausgestallt, daß de René vermißt gemellt war, hien ass vun de Preisen do't gegléwt gin. Nie sin seng Elteren behellegt gin, nie ko'm én op de Gedanken, daß hie kônn't en Deserteur sin.

Hien hât alles gemâch fir d'Hémecht erôm ze gesinn. Hien huet alles gemâch fir sei jonkt Liewen z'erhâlen fir sech, fir seng Mamm, sein treit Médchen. Mé hien huet och alles gemâch fir de' ké Moment a Gefôr ze brengen.

Doranner bestét d'Gre'Bt vu senger Léschtong.

Dem René seng Geschicht ass zo' Enn, dât héscht eso' weit ech se wöll erzielen. Well virun him leit e lânt, sche'nt Liewen, dât wuel och nach Suerge bringe kann, mé niemols mc' gro'ßer, we' op senger Bummelfahrt duerch hallef Europa. Iewer vill Fréd an douc't Gleck erwârt hien bestômmt.

A well seng Geschicht, de' ech hei niddergeschriwen hunn, eso' wonnerbar sche'n ass, daß se engem Skeptiker gef' onwahrscheinlech erschengen, well ech nach eng Ke'er nôdrecklech beto'nen, daß sie iewer och Wuert fir Wuert der Wo'recht entspricht.

VERLUERENT GLECK

De Jäng leit am Gruet, eleng.

Virun sengem Géscht erstét e friddlecht Bild:

Virun der Stâdt leit en Duerf an der Sonn.

Ro'eg verschlôfen stinn d'eHiser.

Eng reng Loft streicht iwer d'Diech, krauselt dén e'schten Damp dén aus de Schâchtecher klômmt.

Letzeburger Mammen wiermen letzeburger Kanner de Kaffi.

'T ass Sonndeg.

An eng Klack penkt.

Da sin et der zwo'. Gleichdrop nach vill, vill me'h.

Eng feierlech Symphonie erklengt, schwengt sech vu Summerwand gedroen iwert d'Stadt, eraus and d'Land.

An hirem Schall schon leit die beschte Priedegt.

Sie priedege Fridden, si sangen vu verstôn, vu bridderlecher Le'ft.

D'Mammen gin hiere Kanner de Schlôf aus den Ae kössen.

Klackeschall a summerleche Vullegesank ass dénen hier Döschmusek. D'Sonn geheit göldeg Spötzen duerch kloer Fönsteren, an sie gesinn u propperen Döschter jong Meilercher sech fest a voll Eifer a gesond Schmieren bueren.

Me'h spe't erschâlen nés âner Klackestömmen.

Si och wölle ze wëssen din, daß do an do an do ro'eg Kierchen stin, wo' Ro'h ass a Fridden.

Dât ass d'Hémecht . . . am Summer . . . , um Sonndeg.

A we' eng Visio'n erstét viru sengem Géscht

d'Silhouette vun déer sche'nster Stât,

vun der Fielsekinigin :

L e t z e b u r g.

An déer Silhouette domine'eren e puer Tiern.

Tiern vu Gebeier an dénen nie den Hâß gepriedegt go'f.

Ro'eg Heiser sin d'Kirchen, an dénen é vill Erbärmlechkét könnt vergießen.

An der sche'nster stét e Gnôdebild, stét ons helleg Mamm vu Letzeburg.

„Mamm“, denkt de Jäng — „Behidd du de' âner Mammen, och meng Mamm.

Himmelsmamm, göff hinnen Tro'scht, mâch se stârk, daß hier Härzer nött brieche, wann se gewuer gin we' mir hei musse stierwen!“

Aus dém de'fsten Eck vu senger Se'l sprengt e Wonsch op seng Löpsen. Seng Aen kre'en é Moment Feier, seng Bäckle Fârw.

Voll Glâf, voll hellegem Begieren könnt sei Gebied iwert seng Löpsen.

„Mamm vu Letzeburg, mâch ons Hémecht frei.

Jo de' dohinner, wo' se higehe'eren, de' ons Hémecht schänden an un dech nött wölle gléwen.“

Mat trauregen Aen kuckt de Jäng iwert de Schne'.

Seng Se'l ass voll verlängeren.

Se'er gött et deischer.

D'Russen greifen un.

D'Nuecht ass vum Krichstapage beliebt. Gespenstesch ze'en d'Granaten vun de Werferbatterien hir Bunn. Sic haulen we' färtereich Kanner a brengen dach selwer den Do't. De Jäng beißt d'Zänn openén, gött kén To'n vu sech, d'Härz hummert an'onerneblecher Angscht.

Elo gött et stöll.

D'Zaldoten müssen aus dem Gruet. Elo könnt den „Nahkampf“. A scho gét den Tapage nés laß: Maschinegewierer séen, Handgranaten krepere, Gewierschötz bröllen op.

Am bléche Mo'ndlicht blößen Bajonetter op. Flich an Do'desgerachel erfüllen d'Lof. Hin an hier gét e Gefiecht op Liewen an op Do't. E fällt, dén âneren sprengt iwert sei Kierper fir sei Liewen ze erhâlen. D'Instinkter sin erwächt. D'Mönsche si gestuerwen, nömme nach De'eren beißen em hiert Liewen.

Vu weitem he'ert én d'Gemuels vu de russesche Panzer.

D'Russen gin önner mârdereschem Feier se'er zereck. Un en Nodrecken ass nôtt ze denken. We' se sech émol honnert Meter ofgesat hunn, me'en hir Maschinegewierer nömme eso' an de' preisesch Linnen.

D'Preisen gesi sech gezwongen, och nés an Deckong ze gôn.

De Jäng wölle och an e Gruet sprangen.

Du hault eng Panzergranat erbei, reißt dem Jong en Arm an der Halschecht ewech. Virum Gruet brecht en zesammen.

D'Preisen gi weider zereck. D'russesche Infanterie bleiwt och an Deckong. Hir Panzer greifen un.

De Jäng leit eleng a kuckt op sei bluddege Stomp. En ass guer nôtt verwonnert. Et ass him, we' wann en sei Liewen lãng drop gewãrt hãtt, daß dât do him ge'f passe'eren.

Traureg ass en och nōmmen é Moment, we' e muß denken:
„Elo ass de Jonktem fir dech zo' 23 Joer eriwer. Elo gehe'ers
du an der Ble' vun de Joeren schon zo' dénen, de' sech ömmer
versuerge'n müssen.“ Mé eng âner Stömm an him pôspert:
„Sief fro', elo ass dach dé ganze Schlamassel endlech gedōn.
An du könn's vleicht hém. Vleicht!

De ganze Buedem ronderem ass voll Bludd. De Jäng sturkt
op seng Wonn, geseit nōtt me' wât zerrassent Flésch ass oder
Fatze vum Paltong. Eng fierchterlech Peng rappt an zidd, dét
d'Liewgéschter bâl entschwannen. Mé gleichzeitig ass se och
nés eso' gro'ß, daß de Jäng nōtt kann entschlöfen. Eso' leit en
do, en huet keng Kräft a ké Wöll me' fir opzestoen, an d'rus-
sesch Panzer kommen ömmer me' no.

„We', wann é vun déne schreckleche Kolosser iwert mech
fiert?“ De Jäng streckt sei Stomp de'f an de Bulli, dén hei
duerch vill Getröppels entstānen ass. Dât stōllt d'Bludd vleicht.
Gött och vleicht Starrkramp. Mé elo ass et égal. Elo gét et so'
we' so' op Liewen oder Do't. Dén e'schte Panzer ass nach 10
Meter vun him ewech, mé zwé oder drei Meter me' weit no
lenks. Elo ass e lānscht. An de' âner och nach me' an der
Brét gestaffelt, fuhren lānscht de Jäng, dén a senger Peng leit.

Lāng kann dāt och nōtt me' daueren: Awuer Mamm!
Awuer Geschwōster! T'könn't ké mer Höllef brengen. Dach do
. . . . kaum ass de leschte Panzer eriwer, kommen zwo' Ge-
stalten op en duergesprongen.

„Celui-là, il en a assez“, mengt dén én. 'T sin zwé Lothren-
ger Jongen, dem Jäng seng Retter. An de Jäng, eso' weit we'
en nach e Gedanken fāsse kann, denkt: „Dāt do ass de Westen,
dé vun de Preisen eso' daks verhonzt go'f, dāt ass Frank-
reich, dāt sie verknascht. De' Jongen do sin an de' reiberesch
Uniform gepreßt we's du! Sie könne ké Preiß richen, hunn der
eso' guer vleicht schon um Gewōssen, mé én a sengem Bludd
leien ze lößen, dāt bringen se nōtt färdeg, do setzen se hirt
égent Liewen op d'Spill.

Dāt ass Lothrenge'n, dāt ass Frankreich! Eso' handelt e
Franzo's! Well dass ech e Letzeburger sin, dāt können se jo
nōtt richen. „Kanns du noch laufen?“ frét dén én. An de Jäng
matt Opwand vu senger lāschter Kräft: „Parlez français,
braves gars, je suis Luxembourgeois. An de Jongen hir Ge-
siechter gi frédeg stolz. Elo si se re'scht richte'g fro' iwert hiren

Heldemudd. D'russesch Infanterie fänkt un eriwär ze sche'ßen. De' zwé ze'en de Jäng an de Gruet a bannen em de Rescht vum Arm uewen bei der Schöller ôf. Hiere ganze Verband, dén se bei sech hun, weckelen s'em öm den Arm.

De Buedem erziddert. D'russesch Panzer, nodém se de'f d'preisesch Linnen eragesto'B hâten, kommen nés zereck.

De' zwé léen sech niewent de Jäng.

D'Donneren höllt zo' an zwé Meter niewenun hinnen dreckt e Panzer de Gruet zesummen, we' wann nie én dogewiescht wier.

Nach eng schrecklech Minutt, dann ass et gedöen.

De' zwé Lothrenger léen de Jäng op hir Zeltdecken, klammnen virsechteg aus dem Gruet.

Da läfen se drop lass. Scho bröllen nés de Russen hir Gewierer. D'Jongen lössen sech mat hirer onglécklecher Läscht fâlen, sprangen nés op, läfen rem e puer Schreck, geheien sech duer, nés op, an erréchen no schrecklechen zeng Minutten d'preisesch Linn an domatt d'virléfeg Rettong fir de Jäng.

En Dokter ass do. En approuve'ert de Verband als virlefeg gudd, mecht eng Sprötz, krôtzelt eppes op en Ziedel an hänkt dem Jäng dén un de Paltong. E Sani könnst mat enger großer Feldfläsch, an déer Te' a Schnaps gemöschd ass. An de Jäng drenkt, drenkt we' én et nömme kann, dén um Verschmuechten ass. No zwo' Minutten frét en d'Fläsch scho nés.

Un e Forttransporte'eren ass virlefeg nött ze denken, bis entweder d'Russen oder d'Preisen sech me' weit ofgesât hunn.

Iwerall leien Verwondter ze we'meren. E puer Zaldoten sinn am Gâng Lächer fir de' Gefâlen ze gruewen.

'T gött muergen, d'Sonn klömmt ömmer me' he'ch, D'Preisen greifen nés un.

De' Verwondt gi gleichzeitig op Pärdsgepäner verlueden an am wölle Galopp gét et zereck. De Jäng leit engem âneren op sengem we'e Bén, dén him matt der Schöller op senger Wonn. Se we'meren allen zwé nött. 'T huet kén Zweck. Do-

duerch gött et nött besser. A wann é versicht, sech ânescht ze dre'en, muss en sech fest steipen, dét dém âneren doduerch nach me' we'.

De ganze Mötteg dauert des schrecklech Rés.

We' se um Hâptverbandsplâtz ukommen, sin hier Glidder steif. De' âner Verwondt gi vum Gefier gehuewen an, a verschidde Gebeier önnnerbruecht.

De Jäng leit nach eleng. An t'ass Nuecht. Do kommen an dém kranken Gehier allerhand Erönnrerongen iwert Geschichten, de' en aus Rußland gelies. Vu Wöllef, de' Gefierer iwerfâlen, vu Leit de' erkâlen aew.

An e jeitzt all seng Verzweiwlong, all seng Peng eraus an dém enge Wuert „Mamm“.

E verlößent Kand rîfft a senger iwergrößer Peng „Mamm“. Domatt huet hie bewisen, matt wém dass e jonge Kârel och nach zo' 23 Joer am enksten verbonnen ass : Matt senger gudder Mamm! Wien hätt dât geduecht?

Endlech kommen se hien och sichen.

En Dokter mecht de Verband lass, wäscht d'Wonn aus, schneit hei eng Fätzelnchen Haut ewech, dreckt do d'Flésch e bössjen zesummen a verböndt se da propper.

Gleich nés fierwt de Verband sech rosa.

De Jäng könnst an e proppert Bett leien, we' en et scho me'ntlång nött me' gesinn. 'T ass och en Uewen do.

'T ass warm. Du ass en entschlôf.

• We' en nuets erwächt, rîfft en de Sani erbei a frét no engem Nuetsgeschie. Mé dé sét gemiddlech : „Mach dahin, Kamerad, wo du vorhin gemacht hast.“ Wât bleiwt dem Jäng du ânescht iwreg?

Muerges gét et weider.

Des Ke'er matt engem Wôn vun der Flak.

Da mamm Zuch an engem Ve'wôn bis op eng gro'ß Gare.

Dono matt der Ambulanz an d'Lazarett.

We' en erweckt, leit en an engem gro'ße Sall, frösch opere'ert, an engem schluetweiße Bett.

Zwielef Dég leit onse Jong schon am Lazarett.

An engem gro'ße Sall wo' et bestänneg no Schwéb, onprop-
perer Bettwäsch, no Bludd an no Eter richt. Mam Jäng wöllt
a wöllt et net besser gin.

D'Gekeims vun dénen âneren, d'Ho'schten vun dénen, de'
e Longeschotz hunn, d'Déliren vun dénen, de' e Kappschotz
kro'chen, mân en ömmer me' krank.

De Jäng huet schrecklech vill Bludd verluer, d'Härz ass
schwäch. Matt Stonne gét et e we'neg besser, dann höllt en e
Steck Pobeier a mōlt matt viller Me' e Bre'f un d'Mamm. Soss
kengem schreiw t e me'. Oder e probe'ert un engem klenge Gedicht.

Hei ass ént dervun :

Be's an uereg De'ren, kreichen
Fèr, puer Panzer op ons duer.
E'scht Zaldôte si scho Leichen;
„Arem Mamm, awuer — awuer!“

Hu! D'Granaten, haule sprötzen
An e knaddregt, schaurecht Lidd
Téckt d'M.-G. a wöllem Blötzen,
An du war et scho geschidd.

Dompe Krâch dét em mech fâlen;
Schne' a Buedem fierwt sech ro'd.
Muss ech hei verlôß erkâlen? — —
— „Lôß mech lass, du deischtren Do't!“

„Oh du könns mech ro'eg kossen,
'T wär mir ganz a guer égâl;
Awer d'Mamm ge'f mech vermössen.
Oh, we' ass dei Schied so' kâl!

Lôß mech en nōtt weider spieren,
Ge'h! Ech wöll deng Fröndschaft nōtt!
Ah, ech werd mech dâper wieren
Well 't dohém eng Mammi gött!“

D'gét ömmer me' biergôf, d'Schwächt höllt zol

E gudden Dâg huelen d'Sanien hien ewech an en Zömmen
eleng. De' âner kucken him no matt gro'ßen, erschreckten Aen.

Aus der Do'deskimmerchen hunn se der nach nött vill rem bruecht.

De Jäng ass och verwonnert. En hät égentlech nött un d'Stierwe geduecht, mé elo drängt dé Gedanken sech op.

Et zidd a klappt an der Wonn, mé d'Peng ass den arme Jong gewinnt. Eppes ânescht wullt an dét me' we'. Dât dommt onro'egt Härz, wât keng Ro' wöllt gin.

Traureg bekuckt de Jäng seng „Popp“, dé klengen Armstomp, dén him nach bleiwt. Deck verbonnen leit dén op der Bettdecken, en traurege Räscht vu fre'erer Stärkt.

Eng gro'ß Schwächt könnst, we't de Jäng fir Minutten an d'Drämland. Douce Erönnrerongsbiller stin op, a verschwannen am fe'wregen Gehier.

Eng gro'ß Wies am Summer. Quésch durch de' sprengt eng sölwereg Bäch. Peiperlecken fle'en vu Blumm zu Blumm, lössen sech op den he'ge Stiller we'en. D'Le'weckercher trilleren, d'Hémercher geien douce Melodien, Lidder vu Le'ft.

An um Rund vun der Wies, do wo' s'op de gro'ßen stölle Bösch ste'Bt, sötzt verdrémt beienén e jonkt Puer.

D'Médchen huet de weiße Panama niewent sech am Gras feien, steipt de schwärze Wuschelkapp widdert dem Jong seng Schöller. Dén höllt elo de Käppchen an d'Hänn a kößt dé klenge ro'de Mond voll Le'ft a voll Gleck. A' kén ass do fir hir Harmonie ze ste'eren. D'Welt ass hir, d'Gleckse'legkét no.

Aner grad eso' sche'n Erönnrerongen kommen, verfle'en.

Drémerech Musek erklenzt, mé douce, we' verklärt.

D'Biller wiesselen zum Takt vun der Musek. De' gött ömmer me' bewegt, de Rhythmus accélère'ert sech, alles dre't sech duerchernén, d'Musek brecht of, de Jäng erwächt, ass an der Deischtert eleng matt sengem Misär a senger Peng.

Jo, eso' wor et démols, denkt de Jäng. Mé d'Gleck ass scho läng fort, vergâng schon e'er et gehéscht huet fort aus der Hémecht gôn. Well och eso' eng Le'ft we' ons démols dauert nött e'weg. Firwât kann ech égentlech nach haut nött verstôn.

So' war et démols, denkt en, an elo bleiwt mer nömmen d'Erönnrerong dervun; d'Erönnrerong un d'verlueren Hémecht, vu verlueréner Stärkt, verluerenem Gleck.

A wât könnt elo?

Oh, wann ech hémkommen, ech wär kengem zur Lâscht. Ech könnt nach schaffen, mech krèchen se nött nidder.

Iewer, wanns de d'Gleck matt zwo' Hänn nött kanns hâlen, we' wölls de matt enger dono greifen?

Ass dei Gemidd nach stârk genuch, fir nach eso' e battert Erliewnes z'erdrôn? Ge'fs du nött verzweiwlen an dengem Zo'-stand elo, wanns de dât selwecht Gescheck vun enger verrôdener Le'ft nach eng Ke'er mißt matt mâchen?

Du wölls hém, Jäng, a brauchts Suerg a vill Verstôn, solls du dât och fannen? Oder vleicht nômmen schlecht ubruechtend Mattléd? We' wanns de matt Leit ze di kre'gs, de' dech an dein onendlecht Verlângerer nô Verstôn an Tro'scht ge'fen mößbrauchen. De' der ge'fen deng Se'l an dein Hierz vergöften, sech herno un denger Verzweiwlong ge'fen amese'eren. Oh, eso' Leit gött et, matt Verstand wuel, mé o'ni en de'wert Gevill, o'ni Begreifen fir eppes ânescht we' Ießen, Drenken a wât nach?

De' wuel och d'Le'ft kennen, mé eng âner, we's du se sichts. Wâr et nött besser, du ge'fs elo ro'eg an onschölleg stierwen, we' herno voll Schold a matt engem Fluch op de Löpsen? Matt engem Fluch, we' e bestömmt herno erausgejaut gött aus de wonden Härzer vu verschiddene Jongen, de' haut eso' dru sin we's du. Well sie all brauchen vill Verstôn, ganz vill Le'ft. An eso' enger Welt we' haut können se all de' nött fannen. Mé denk un deng Mamm, Jäng, de' wârt op dech, we' kreischt se wanns du nött erem könnst!“

— Jo, da kreischt se bestömmt. Mé ge'f se herno nött me' nach kreischen, wanns du eso' vill Misär häss an der hârt-herzeger, kâler, onbarmhârzeger Welt? Oh, we' kanns du der Mamm nach vleicht vill Misär mân! Elo kann se nach voll Stolz un dech denken, voll wârmer Trauer fir dech bieten. An herno?

We' kann alles nach vleicht ânescht ginn, zumôl matt dengem dommen, onro'egen Härz. Matt dengem melancholesche Gemidd, matt dengen he'ge Gedanken, de' eso' he'ch wölle plangen, matt denger klenger Energie, de' nach eso' we'neg erécht.

D'Hârz vum Jong ass verböttert.

E kuckt nach eng Ke'er seng „Pöppchen“, De' ass voll Bludd. De ganze Verband ass duerchdränkt dermatt, d'Bettdecken ass voll dervun.

De Jäng wöllt ruffen, seng Stömm ass nött me' stârk genuch. Hie wöllt schellen, kritt sech nött me' bewegt. An d'Wonn ass opgebracht. Vum selwen oder durch irgend eng onvorsichtig Bewegung? D'Bludd léft weider. De Jäng mecht d'Aen zo'. Friddelech entschle'ft en. „Avuer kleng gudd Mammi,“ denkt en nach.

Dât war sei läschte Gedanken op deser Welt.

Muerges we' de Sani könnt, geseit en en âremt letzeburger Kand, dât fir e'wech entschlôf ass.

Mé sei Gesiecht weist, daß en nött verzweiwelt war. Hien huet dem Do't o'ni ze färten an d'Aen gekuckt, well hien eben duecht, dass et de' bäschte Le'song wär.

Ausklank

De' an deser Erzielong niddergeschriwen Erliewnösser be-ro'en op onbedengter Wo'recht. Nömmen sin se, we' dät wuel a ville Bicher de Fall ass, vu verschiddenem wât ech gesin, gehe'ert an erliewt hunn, an de'selwecht Zeit, op de'selwecht Plätz an op ve'er Perso'nen iwerdrôn. Dest fir en interessant Zeitbild an Erzielongsform brengen ze können.

Enzel Déler, we' dem René seng Rés, d'Enn vum Norb an nach ânerer sin eso' guer getrei Wuert fir Wuert dem Liewen no erzielt.

Gléft nött, daß verschidden Scénen iwerdriwe wären. Gené we' et hei beschriwen, eso' schrecklech war de Krich. Gené we' et hei erzielt, eso' dâper waren ons Jungen. Gené we' et hei besongen, hâten se hir Hémecht gär.

Gléft och nött, daß se ze traureg ass, meng Geschicht. Traureg wâr se dann, wann den Timm nött iwer bei d'Russe komm, dem René seng me'voll Rés nött zo' Enn gange wâr. Zevill traureg wâr se dann, wann de Norbert emsoss erschöß gi wâr, an d'Unerkennong vun de Leit nött hätt. Batter wâr se dann, wann de Jäng ze lieve bliwen an en trauregt Gescheck him reserve'ert bliwe wâr, we' kurz virun sengem Do't, an déer deischerster Stonn vu sengem Liewen, eng krank Phantasie him et virgemôlt. Nén, si ass nött traureg!

Well et ko'm dén Dâg, wo' un engem wonnerbaren Nô-môtteg am Abrel, op onser sche'ner Neier Breck ons le'f gudd Mamm, ons Gro'ßherzogin stong.

Wât e sche'nt Bild, de' he'ch, eso' le'f Fra ze gesinn do ston, an enger Natur eso' douce an eso' reng, we' extra fir desen Dag geschâfen.

Ronderem lo'gen de' sche'n an hémlech Gebeier vun der Städt a fröndlecher wärmer „Sonneglo'B gebuedt. D'Fre'joersloft huet se'ss, vu Blummendoft parfume'ert, an engem freie Letzeburg de Leit d'Schle'fe gestre'lt. D'Härzer go'fe begeschtert an én énzege Ruff ass erklongen :

Vive, Vive Charlotte!

Du ko'men d'Tre'nen engem vun déne Jongen an d'Aen, dém sei Gescheck an desem Buch erzielt. Hien huet op émol d'Härz eso' we', well e muß denken : „Dâper Jongen, gudd Kamerôden, de' dir dohannen a friemem Buedem leit, firwât konnt dir dât nött erliewen.

Mé sei Frönd pöspert him an d'O'er : „Sief nött traureg, si sin nött emsoss gestuerwen. Si hun alles gin, fir dass hir Leit dât do können erliewen. Et woren dâper Jongen!“

Kurz drop stin de' zwé Frönn op der Gare, wo' e puer Waggoen Verre'der, de' an d'Preisescht geflicht woren, erembruecht go'fen.

A we' d'Letzeburger un hir Jongen duechten, an un hir ârem verschléfte Leit, an d'Verre'der geso'chen, do gong et déne schlecht.

An én, dén am Krich vill Bludd, och sein égent, gesin hât versprötzen, dre't sech erschüttert em a gét, kann op émol ké Bludd an de' Schân nött me' gesin.

D'Owessonn spillt matt ro'dem Schein iwert d'Städt. De Jong denkt u seng Kamerôden, de' a Rußland sin. An aus de'fstem opgewulltem Härz sët en de' puer Wieder viru sech hier :

„Dâper Jongen! Dir sidd a friemem Kléd, a friemem Land gefäll, Mé honnertmôl le'wer hun är Leit et, we' wann engem vun Iech sei Bludd op letzeburger Buedem niddergedröpst wär, we' de Verre'der hirt haut, an e'weger, ondenkbarer Schân.“

Dâper Jongen! Letzeburg huet Iech gerächt!

E n n

Wât d'ra stét:

Widmong

I. Am Quarté'er

1. Ve'er Letzeburger
2. Dâper Jongen
3. Eng Geschicht vun der Krim
4. De Jäng erzielt
5. E Verre'der
6. Am Summer bei der Bâch.

II. An der Häll vun de Schluechten

7. Letzeburger Fe'B
8. Agruewen
9. Uergelmusek
10. Russesch Flieger
11. Fir können ze liewen
12. D'Welt a Flâmen
13. Eng Nuecht an der Häll.

III. Ve'er Geschecker

14. Den Timm
15. Uerg Stonnen
16. Bre'f aus dem Prisong
17. E kengen Refractaire
18. Verluerent 'Gleck.

Ausklank.